D’Aarbechte si sou geplangt, datt d’Route de Grundhof net wäert gespaart ginn an esou keen Afloss op den Duerchgangsverkéier hunn. Soubal d’éischt Phase fäerdeg ass, kommen d’Mataarbechter vum Natur- a Geopark an den neie “Centre d’accueil” an et gëtt mat der zweeter Phase ugefaangen.

Net nëmme Beefort wäert vum neie Bijou profitéiere mee déi ganz Regioun, wou den Tourismus an d’Nohaltegkeet eng besonnesch Plaz a Wäertschätzung hunn. Ofschléissend däerf een net vergiessen, datt mam Unesco-Label déi ganz Regioun op der Weltkaart vertrueden ass an eng sëllech Visiteuren, Fotografen, Geologen asw. unzitt an och op Beefort kommen, och wann dat de mannste Leit bewosst ass. Den Natur- a Geopark Mëllerdall ass eng vun de beandrockensde Sandsteelandschaften a ganz Europa an den Unesco-Label ass eng international Unerkennung, déi weltwäit bekannt ass. Den neie “Centre d’accueil” stäerkt Visibilitéit vum Natur- a Geopark Mëllerdall a fir Beefort ass et eng weider Attraktioun.


Nouvelle construction du Centre d'Accueil du Natur- & Geopa
COMMUNE DE BEAUFORT
NATUR- & GEOPARK MËLLERDALL
PLANETPLUS
DAEDALUS
DAL ZOTTO
XXX




BLEEK HILL UNIV.
RUGBY
TEAM
























MAGNI

# GROUSSE CHANTIER AM FRÉIEREN DUERFKÄR



**Ufank Mäerz gouf e grousse Kran am fréieren Duerfkär opgeriicht. Zur Zäit lafen do op der Plaz e puer gréisser Projeten.**

Am Haus op Nummer 10, Montée du Château entsti sozial Wunnengen. Donieft an der fréierer Brennerei Dussier entsteet ee "Centre de rencontre" mat ënner anerem Restaurant a Festsall fir verschidden Zorte vu Manifestatiounen.

Hannert dem Hierdenhaus ass de Réibau vun der Energiezentral fir de komplette Site. Ee klengen Abléck op de Chantier.

Début mars une grande grue a été installée dans l'ancien centre du village. Actuellement plusieurs grands projets sont en cours. La maison située au numéro 10, Montée du Château sera transformée en logements abordables. A côté dans l'ancienne distillerie Dussier sera construit un centre de rencontre avec entre autres un restaurant avec une salle des fêtes pour différentes sortes de manifestation.


Derrière le bâtiment « Hierdenhaus » se trouve la centrale énergétique du site entier. Une petite galerie de photos du chantier.






KISCH












Kubota






KISCH









# IWWERGAB VUM PORTRAIT VUM CHARLES EVEN III UN D'BEEFORTER SCHLASS



**Eng Delegatioun vun der Famill Even huet sech de 15. Juni op Beefort an d'Schlass deplacéiert fir dem Schlass ee Portrait vum Charles Even III (1842 – 1900) ze iwwerreechen.**

D'Schonns Enn dës 17. Joerhonnerts huet d'Famill Even als Pächter op der Schéiferei gelieft. Den Hans Michel Even, dee 1702 op der Schéiferei gebuer gouf, huet sech als 22järegen am Duerfkär ugesidelt an iwwert d'Joren zu engem gewësse Wuelstand bruecht. D'Schmattshaus, dat haut der Gemeng Beefort gehéiert, hat fir d'Famill Even ëmmer eng ganz nostalgesch Bedeitung.

Op an der Land- a Forstwirtschaft, als Pächter vun der Schéiferei, Verwalter vun den Domaine vun de Beeforter Schlässer, Besëtzer vun enger Konservefabrik, d'Famill Even huet duerch hir divers Aktivitéite staark dozou bäigedroen, datt d'Duerfleit enger regelméisseger Aarbecht nogoe konnten, wat fir déi Zäit net sou evident wor.

Doriwwer raus huet d'Famill Even een aktiven Deel am politesche Liewen an zur deemoleger Duerfentwécklung bäigedroen. Tësche 1749 an 1909 hu si net manner wéi sechs Mol de Buergermeeschter gestallt.

Wéi d'Beeforter Schlässer 1893 zu Léck zwangsversteet goufen, huet de Charles Even III net laang gezéckt an zesumme mat senge jéngere Bridder Henri, Paul a Jean-Pierre d'Proprietéit opkaaft.



No dëser kuerzer Aleedung duerch de Georges Rischette, Sekretär vun de Beeforter Schlass-frënn a Vizepresident vum "Centre des Monuments du Grand-Duché de Luxembourg", huet hie vun der Geleeënheet profitéiert hiren Nofollger um Schlass, den Häre Jos Linckels, Edmond Linckels a virun allem der Madame Anne-Marie Linckels-Volmer Merci ze soe fir hire groussen Asaz am Interêt vum lokalen Tourismus. Ouni si wier et haut net méiglech d'Buerg an d'Schlass a sou engem gudden Zoustand den Touristen opzemaachen.

Ofschléissend huet hien der Famill Even follgend Wieder geriicht: "Vous pouvez être fiers de vos ancêntres. Ils étaient entrepreneurs et très dynamiques, ils ont pris des risques, ils ont pris les bonnes décisions, ils ont réussi dans la vie. Un grand Bravo!"

Am Kader vun dëser klenger Zeremonie ass de Pierre Even an d'Geschicht vun der Famill agaangen an huet direkt d'Inschrift op der Récksäit vum Portrait erkläert:
*Charles EVEN (fils du député-maire Charles Alexandra EVEN-SINNER), * Beaufort 4.I.1842, †Metz, 7.IX.1900, époux de Marie Augustine DUBROT (1856-1922), licencié en droit, à partir de 1866 régisseur des domaines du château de Beaufort, à partir de 1872 libraire-éditeur et imprimeur à Metz avec son frère Paul EVEN-DUBROT (1848-1916). En 1893, il acquiert avec son frère Henri EVEN-GRECHEN (1845-1909), soutenu financièrement par Paul, le domaine du château de Beaufort avec le château, le château fort et 320 hectares de terres agricoles et de forêts.*
*Portrait de Julius SCHOLD (1881-1962), élève de Wilhelm TRÜBNER à Karlsruhe, peint en 1925 d'après une photo.*
*Don de Pierre EVEN et Laura EVEN-THORA, Wiesbaden, en 2024 à l'État luxembourgeois pour le Château de Beaufort.*

Wéi schonns erwäänt geet d'Verbindung vun der Famill Even zum Schlass zréck op 17. Joerhonnert an ee Bléck an d'Geschicht erklärt firwat Charles Even d'Iddi hat, zesumme mat senge Bridder, den 12. Januar 1893 op enger ëffentlecher Stee virum Friddensgeriicht zu Léck d'Schlass Beefort mat all sengen Dependancen an der grousser Proprietéit zum Präis vu bal 260.000 Frang ze kafen:

1680: Pierre Even aus Eppeldorf, wo es noch heute das Haus „An Even" gibt, wird Pächter der Schéiferei, Besitz von Eugen Albert Baron de Beck, Seigneur de Beaufort.



1739: Sein Enkel Nicolas Even erbaut das jetzt noch bestehende Wohnhaus der Schéiferei.

1749: Sein anderer Enkel Jean Michel Even erbaut mitten im Dorf das erste Even-Haus.

1760: Sein dritter Enkel, der Schmied Nicolas Even, erbaut vis-à-vis die jetzt noch bestehende „Al Schmatt".

1786: Dessen Sohn, der Schmied Jean Georges Even, kauft das gegenüber liegende Even-Haus von 1749 und vergrößert es zum heute noch bestehenden Gutshaus „A Schmatts". Er erwirbt während der französischen Herrschaft bedeutende Kirchengüter wie zum Beispiel die „Härewiss" und vergrößert den „Schmattspark" hinter seinem Gutshaus.

1795: Jean Georges Even wird „Agent municipal" und Bürgermeister von Befort und eröffnet damit die von 1795 bis 1929 dauernde Periode, in welcher Mitglieder der Familie Even, mit einer Ausnahme von sechs Jahren, ununterbrochen nacheinander sieben Bürgermeister der Gemeinde Befort stellte.

1811: Sein Sohn Charles Even (genannt „den Decken / le petit gros", der erste Charles, seitdem hießen die ältesten immer Charles) wird Verwalter des Schlossbesitzers Charles Alexandre Comte de Liedekerke-Beaufort, der 1813 Pate seines Sohnes Charles Alexandre Even wird.

1842: Wiederum dessen Sohn Charles III Even wird im Haus „A Schmatts" geboren.

1852: Charles Alexandre Even, Député-Maire von Befort, übernimmt als Nachfolger seines Vaters die Verwaltung von Schloss und Domäne für die Erben de Liedekerke-Beaufort. Sein Vater hatte damals Schlossgut einschließlich der Mühle sowie das Hofgut im Dorf gepachtet.

1866: Charles I und II sterben, Charles III übernimmt in dritter Generation die Verwaltung der Schlossdomäne.

1875: Sein Bruder Henri Even wird Pächter des Schlossgutes und installiert mit seinem Bruder Jean-Pierre Even in den Nebenräumen des Schlosses eine Konservenfabrik; ab 1886 über-

nimmt er auch die Verwaltung der Schlossdomäne.

1893: Erwerb des Schlosses, der Burgruine und der Schlossdomäne durch Charles III Even, Jurist, Verlagsbuchhändler und Buchdruckereibesitzer in Metz, und seinen Bruder Henri Even, der von seinem Bruder Paul Even finanziell unterstützt wird. Sie sparten nicht mit Erneuerungen und Reparaturen. Charles und Paul Even beziehen den gesamten ersten Stock des Schlosses und verbringen fortan die Sommermonate im Schloss.

1900: Charles III Even stirbt, im Jahr darauf verkaufte seine Witwe Marie Even-Dubrot mit ihren drei Kindern Lucie, Charles und Henri alle ihre Rechte a dem Besitz, die dem verstorbenen Charles Even gehört hatten, an Henri Even.

1909: Henri Even stirbt, Erbin des Schlosses und der Schlossdomäne wird seine älteste Tochter Anne Linckels-Even, die sich 1929 mit ihrem Mann Joseph Linckels in das im Dorf gelegene Haus „A Schmatts“ von 1786 zurückzieht.

1934: Deren Sohn Edmond Linckels heiratet Anne Marie Volmer, deren Urgroßmutter Anne Catherine Even Schwester der Brüder Even war, die 1893 das Schloss erworben hatten.

1981: Anne Marie Linckels-Volmer überträgt das Schloss und die Burgruine mit einem dazugehörenden Bering gegen eine Lebensrente und das Wohnrecht an den Luxemburger Staat. Sie stirbt 2012 als letzte Beforter Schlossherrin, womit die seit 1680 dauernde Verbindung der Familie Even zum Schloss endgültig beendet wird.

2015: Jacqueline Dussier-Docq, Witwe von Henri Dussier, Enkel von Anne Linckels-Even, verkauft das 1786 von Jean Georges Even vergrößerte Haus „A Schmatts“ nebst den Nebengebäuden, wozu auch die „Al Schmatt“ von 1760 gehört, in der der Agronom Henri Dussier eine Distillerie betrieb, an die Gemeinde Befort.

Damit sind alle Gebäude in Befort samt dem Schloss, die einst der Familie Even gehörten, im öffentlichen Eigentum und bleiben so der Nachwelt erhalten. Charles III Even aus Befort hatte an dem Zustandekommen dieses großen Besitztums keinen unerheblichen Anteil. Sein Porträt hat nun im Schloss seinen gebührenden Platz gefunden.



# De CLUB AKTIV PLUS AN DER LOUPESCHT an der GEMENG BEEFORT

AN DER LOUPESCHT
CLUB AKTIV PLUS

## DIGITAL

**Handy & Tablett Beroodung zu Beefort**
Rdv op Ufro

## SPORT A BEWEEGUNG

**Trëppeltour**
Méindes

**Petanque**
Dënschdes

**Nordic Walking**
Mëttwochs

**16/10/2024**
Bowling zu Beefort

*Detailler an Treffpunkt op Ufro*

## AUSFLICH & VISITTEN

**01/10/2024**
Tagesausflug Trier & Ausstellung "Ausrangiert"

**18/10/2024**
Tagesfahrt „Rüdesheimer Federweissenfest" Rüdesheim

**22/10/2024**
Marie-Astrid-Croisière

**13/12 & 20/12/2024**
Mëttegiessen am Restaurant Brasserie Beim Adelheid

*Detailler an Treffpunkt op Ufro*

## KULTUR A KREATIVITÉIT

**17/12 - 18/12/2024**
Mini-Trip op Colmar a Stroossbuerg

**De ganze Programm an Ärer Bréifboîte, op help.lu oder op Ufo**

**Fir All Aktivitéit w.e.g iwwer Telefon oder Mail umëllen**

**Tél. : 2755-3395**
**E-Mail: club-loupescht@croix-rouge.lu**

# AUS „CLUB SENIOR AN DER LOUPESCHT" WIRD „CLUB AKTIV PLUS AN DER LOUPESCHT"

**Immer in Bewegung: Nach der Einführung des neuen Gesetzes über die Qualität von Dienstleistungen für Senioren hat der „Club Senior" nun eine neue Identität. Sie freuen sich alle unter dem Namen „Club Aktiv Plus An der Loupescht" begrüßen zu dürfen. Die Vision bleibt unverändert: Aktives Altern, lebenslanges Lernen und der Kampf gegen soziale Isolation stehen im Mittelpunkt.**

Der Begriff „AKTIV" spiegelt sich im Engagement wider, ein dynamisches und bereicherndes Leben zu bieten, unabhängig vom Alter. So beinhaltet das Programm weiterhin Aktivitäten wie „Nordic Walking", Krafttraining, Yoga und viele andere sportliche Aktivitäten. Wenn eher gesellige Aktivitäten bevorzugt werden, werden auch Kurse zur kognitiven Stimulation, zur Förderung des Technologiebewusstseins und Gesellschaftsspiele angeboten. Das „PLUS" symbolisiert, was über die eigentliche Aktivität hinaus mitgenommen werden kann: neue soziale Bindungen, zusätzliche Kompetenzen, Geselligkeit und eine anregende persönliche Entwicklung. Die vielfältigen Aktivitäten bieten jedem, egal welchen Alters, die Möglichkeit, sich zu engagieren und bereichernde Erfahrungen zu sammeln.

****

Toujours en évolution : suite à l'instauration de la nouvelle loi sur la qualité des services destinés aux aînés, le « Club Senior » arbore désormais une nouvelle identité. Il est ravi d'accueillir désormais sous le nom de « Club Aktiv Plus An der Loupescht ». La vision demeure la même, axée sur le vieillissement actif, l'apprentissage continu et la lutte contre l'isolement social.

AN DER LOUPESCHT
CLUB AKTIV PLUS

Le terme « AKTIV » reflète l'engagement à offrir une vie dynamique et enrichissante, quel que soit l'âge. Ainsi, le programme comprend toujours des activités telles que la marche nordique, la musculation, le yoga et bien d'autres activités sportives. Si la préférence sont des activités plus conviviales, le club propose également des cours de stimulation cognitive, de sensibilisation aux technologies et des jeux de société. Le « PLUS » symbolise ce qu'apporte en plus de l'activité elle-même : de nouveaux liens sociaux, des compétences supplémentaires, de la convivialité et un développement personnel stimulant. Les diverses activités offrent à chacun, peu importe son âge, l'opportunité de s'engager et de vivre des expériences enrichissantes.

*Club Aktiv Plus An der Loupescht*
*2, rue de l'école*
*L-6235 Beidweiler*
*Tel. 2755 – 3395*
*Mail : club-loupescht@croix-rouge.lu*
*www.help.lu / www.croix-rouge.lu*

*Öffnungszeiten:*
*Montag bis Freitag von 9 bis 13 Uhr*

*Gesprochene Sprachen:*
*LU, DE, FR, EN, PT, NL.*




# Vos trajets en un clic.
# Avec notre app Bummelbus.

Le service Bummelbus est un service de transport collectif urbain et non urbain à la demande porte-à-porte complémentaire aux transports publics et privés.

L' app du Bummelbus vous permet de réserver votre bus 24/24h et 7/7j en toute facilité. Localiser votre Bummelbus en direct, paiement en ligne, indication du temps d'arrivée: Bummelbus - App.

Powered by VIA

Forum pour l'emploi.

Available on the iPhone App Store

ANDROID APP ON Google play

ECHTERNACH
Ecole Régionale de Musique



**L'école de musique est gratuite pour:**
Tous les enfants et jeunes en-dessous de 26 ans qui habitent à Echternach ou dans une commune conventionnée*

**L'inscription coûte 100€ pour:**
Pour toute personne âgée de plus de 26 ans et toute personne qui habite dans une commune non-conventionnée (pour tout cours ne tombant pas sous la gratuité du ministère)

** sont considérés comme élèves conventionnés les élèves provenant des communes suivantes: Echternach, Beaufort, Bech, Berdorf, Consdorf, Junglinster, Manternach, Mertert, Rosport-Mompach et Waldbillig.*

**Cours d'instruments, de Formation musicale, de Chant et de Danse**

Musique: vaste offre de cours d'instruments (vents, percussion, claviers, cordes) aux sites principaux d'Echternach et de Junglinster
Cours de musique Jazz et Rock/Pop
Chant classique et chant moderne, Chorale enfantine à Junglinster
Danse: Danse classique (Echternach et Junglinster) et danse jazz (Echternach)
Des cours d'éveil musical et de formation musicale sont dispensés à Echternach, Junglinster, Rosport et Consdorf
Une offre pour adultes est garantie pour tous les cours.
**N.B. pour les cours collectifs, une inscription de 8 élèves minimum est requise*

**Découvrez toute notre offre de cours sur www.em-echternach.com**

Ecole Régionale de Musique de la Ville d'Echternach – Enseignement de la musique et de la danse

10, rue des Merciers
L-6464 Echternach
Tél.: +352 72 82 54
Fax: +352 72 85 13

secretariat@em-echternach.com
www.facebook.com/ERMVE

www.emechternach.com

Ville d'ECHTERNACH
www.echternach.lu

# SPORT

## ZWEE REITTOURNÉIER AM INTERNATIONALE REITZENTRUM




*D'Gewënner vum "Prix de la commune de Beaufort": Tao Wagner (Dressur) a Katja Bakx (Sprangreiden).*

**De Beeforter "Club Hippique" huet zwee Weekender hannertenee Reittournéier am internationale Reitzentrum organiséiert. De Weekend vum 13. a 14. Abrëll stoung d'Dressur am Mëttelpunkt an de Weekend vum 20. an 21 Abrëll d'Sprangreiden.**

Den Héichpunkt war um éischte Weekend d'Wäertung vun der "Coupe de Luxembourg" an déi Coupe ass zu Beefort bliwwen. De Marco Ulrich huet als eenzege vu sechs lizenzéierte Reider déi zweet Wäertungsprüfung geridden a soumat huet hien automatesch den Titel geholl. De "Prix de la commune de Beaufort" (Dressurprüfung Kl. L**) gouf vum Tao Wagner mam "Gangster Bang" gewonn (9,5 Punkten) virum Ghislaine Frank mam "Wietze van der Ven" (8,7 Punkten) a Melissa Rischard mam "She's so Lovely" (8,6 Punkten). D'Präisser goufe vum Buergermeeschter Jean-Luc Nosbusch iwwerreecht. E puer Andréck vum éischte Weekend mat Fotoe vum Marco Detail op déser Duebelsäit.

De Weekend drop stoung dann d'Sprangreiden um Programm. Gläich beim Optakt vum Turnéier huet d'Sandy Winandy mam "Cyrano" an der Silspringprüfung Klasse A déi zweete Plaz beluecht. Och beim Sprangreide gouf et ee "Prix de la commune de Beaufort" an zwar an der Stilspringprüfung Klasse L. Dëse Präis gouf samsdes vum Katja Bakx mam "Cheveyo" (8,4 Punkten an 71,83 Sekonnen) gewonne virum Muriel Pletschette mam "Du und Ich 2" (8,3 / 73,89), Wim Vissers mam "Chicky Micky Z" (8,1 / 80,68) a Paul Kimmlingen mam "Granit PK" (8,1 / 82,37). D'Präisser goufe vun der Schäffin Lynn Mossong iwwerreecht.

D'"Coupe de Luxembourg" geet ewéi d'lescht Joer un de Björn Rohrbach, de mam "Deep Spirit"d'Coupe gewonnen huet. Op déi zweet an drëtt Plaz koumen de Wim Vissers an d'Muriel Pletschette.


point solutions
Bâloise
Assurances
Ristorante
BALLANTI
ETS L. ROSSI
depuis 1954


1987
ANNIVERSAIRE


Etablissements




GROUPE
CK
CHARLES KIEFFER
CASINO 2000
point solutions
Bâloise
Assurances


NEUHARD
NEUHARD


rcedes-Benz
Loterie Nationale


LOTERIE NATIONALE
10


Mercedes-Benz
Loterie Nationale


NEUHARD
NEUHARD


ercedes-Benz
LOTERIE NATIONALE
10


LOTERIE NATIONALE
10


Mercedes-
LOTERIE NATIONALE
10








baloise


Mercedes-Benz


LOTERIE
NATIONALE




LOTERIE
NATIONALE
LOTERIE
NATIONALE

# "90 JOER" FC FORTA BEEFORT



*FC Forta Beefort kuerz nom Krich (Foto Archiv Gemeng Beefort) an ëm d'Joren 1958-1960 (uewe riets, Foto: Charles Lenz)*

**De 15. Juni 1934 war d'Grënnungsversammlung vum Fussballveräin "FC Forta" Beefort. Dëst Joer hätt de Veräin 90 Joer gefeiert. Wéi gesot "hätt".**

Et ass net vill iwwert de Beeforter Fussballveräin gewosst mee et ginn e puer Informatiounen an déi sinn et derwäert fir op dëser Plaz zesummenzefaassen.

1940 ware se gezwonge sech an "FK Befort" ëmzebennen an 1944 koum den Numm rëm zréck. 1962 gouf de Veräin opgeléist an zwee Joer méi spéit, 1964, gouf en nach eng Kéier gegrënnt. 1971, no siwe Joer, koum déi defintiv Opléisung vum "FC Forta Beaufort".

De 24. Juni 1950 gouf an der Generalversammlung eng nei Fassung vun de Statuten ugeholl, déi vum deemolege Comité ënnerschriwwe goufen: M. Faber, J. Weis, N. Wagner, J.P. Wahl, Mod. Schmitz, R. Siebenaler an N. Adam.

Op der privater Internetsäit vum Arno Funk (www.fussball-lux.lu) fënnt een nët nëmmen déi aktuell Resultater mee sëllech Informatiounen a Resultater aus der Geschicht vum lëtzebuerger Foussball, dorënner och vum "FC Forta Beaufort". Déi éischt offiziell Mätscher huet de Beeforter Foussballveräin an der Saison 1935/1936 gespillt. Niewendru sinn déi detailléiert Plazéierungen zum Ofschloss vun der jeeweileger Saison.

E puer Bemierkungen: Wärend dem Krich goufe keng Mätscher gespillt an déi éischt Saison huet Beefort net matgespillt. An engem Barrage-Mätsch fir den Opstig an déi zweet Divisioun huet Beefort am Joer 1954 mat 4:1 géint AS Lëtzebuerg gewonn. Des Weideren huet Beefort wärend de Saisonen 1960/1961 an 1961/1962 net deelgeholl, grad esou wéi no der Saison 1968/1969.

An der Saison 1946/1947 huet den "FC Forta" déi éischte Kéier un der "Coupe de Luxembourg" deelgeholl. Géint de Sporting



Stengefort aus der zweeter Divisioun hu se 3:0 Forfait verluer.

Vun de Saisonen 1947/1948 bis 1955/1956 hunn nëmmen d'Ekippen aus der Éierendivisioun an der éischter Divisioun dierften deelhuelen. Allerdéngs huet Beefort bis d'Saison 1967/1968 net un der "Coupe de Luxembourg" deelgeholl. Als Véiertdivisionär huet Beefort 1968 an der zweeter Ronn 6:1 géint den AS Préizerdaul aus der drëtter Divisioun verluer an huet duerno net méi un der "Coupe de Luxembourg" deelgeholl.

Ofschléissend nach een Opruff: Sollt iergendeen nach weider Informatiounen, Nimm an Anekdoten zum "FC Forta Beaufort" hunn, deen ass gebiede sech beim Jos. Nerancic per E-Mail op jos.nerancic@beaufort.lu mellen. Déi ginn dann am nächste Buet an engem weideren Artikel verfaasst.

| Saison | Divisioun | Plaz | Gespillt | Gewonn | Gläich | Verluer | Punkten | Goler | Differenz |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1935/1936 | 3 | 6 | 12 | 2 | 2 | 8 | 6 | 15:39 | - 24 |
| 1936/1937 | 3 | 2 | 14 | 9 | 3 | 2 | 21 | 39:17 | + 22 |
| 1937/1938 | 3 | 5 | 12 | 4 | 0 | 8 | 8 | 19:30 | - 11 |
| 1938/1939 | 3 | 7 | 14 | 3 | 0 | 11 | 6 | 21:51 | - 30 |
| 1939/1940 | 3 | 3 | 14 | 9 | 0 | 5 | 18 | 33:22 | + 11 |
| 1945/1946 | 3 | 5 | 12 | 5 | 1 | 6 | 11 | 32:46 | - 14 |
| 1946/1947 | 3 | 1 | 14 | 12 | 1 | 1 | 25 | 58:19 | + 39 |
| 1947/1948 | 2 | 8 | 18 | 5 | 4 | 9 | 14 | 32:41 | - 9 |
| 1948/1949 | 2 | 9 | 18 | 2 | 2 | 14 | 6 | 24:64 | - 40 |
| 1949/1950 | 3 | 1 | 12 | 10 | 1 | 1 | 21 | 60:24 | + 36 |
| 1950/1951 | 2 | 10 | 18 | 2 | 1 | 15 | 5 | 25:75 | - 50 |
| 1951/1952 | 3 | 1 | 12 | 9 | 1 | 2 | 19 | 42:19 | + 23 |
| 1952/1953 | 3 | 6 | 22 | 8 | 3 | 11 | 19 | 61:69 | - 8 |
| 1953/1954 | 3 | 3 | 18 | 10 | 1 | 7 | 21 | 59:52 | + 7 |
| 1954/1955 | 2 | 7 | 22 | 9 | 0 | 13 | 18 | 57:86 | - 29 |
| 1955/1956 | 2 | 12 | 22 | 1 | 0 | 21 | 2 | 29:105 | - 76 |
| 1956/1957 | 3 | 9 | 16 | 1 | 1 | 14 | 3 | 21:74 | - 53 |
| 1957/1958 | 3 | 10 | 24 | 5 | 3 | 16 | 13 | 52:92 | - 40 |
| 1958/1959 | 3 | 13 | 24 | 0 | 1 | 23 | 1 | 16:189 | - 173 |
| 1959/1960 | 3 | 13 | 24 | 0 | 1 | 23 | 1 | 24:167 | - 143 |
| 1964/1965 | 4 | 11 | 20 | 2 | 0 | 18 | 4 | 6:155 | - 149 |
| 1966/1967 | 4 | 10 | 22 | 5 | 3 | 14 | 13 | 23:74 | - 51 |
| 1967/1968 | 4 | 12 | 22 | 1 | 6 | 15 | 8 | 23:99 | - 76 |
| 1968/1969 | 4 | 10 | 18 | 0 | 1 | 17 | 1 | 21:112 | - 91 |

# CHRONIK

## JANUAR, FEBRUAR, MÄERZ ABRËLL, MEE, JUNI 2024

19. Januar

An der Brasserie "Beim Adelheid" gouf den Neijooschempfank vun der Gemeng mat Banquet organiséiert. Nieft dem Personal vun der Gemeng waren nach de fréieren an aktuelle Gemengen- a Schäfferot invitéiert.

A senger Ried huet de Buergermeeschter Jean-Luc Nosbusch ee Réckbléck op d'lescht Joer gemeet. D'Joer 2023 war ee Joer vum Wiessel. Nieft enger neier Koalitioun op Landesniveau gouf et och zu Beefort ee Wiessel. Nodeems déi magesch Grenz vun 3.000 Awunner iwwerschratt gouf, huet gläichzäiteg de Walsystem geännert: vu Majorz op Proporz. D'Resultater vun de Gemengewalen hunn erginn, datt een neie Schäfferot d'Geschécker vun der Gemeng déi nächst sechs Joer wäert leeden.

Zwee Leit vum Gemengepersonal haten 2023 ee perséinleche Wiessel: Erika Dockendorf an den Hubert Sauber, déi 2023 offiziell an d'Pensioun gaange sinn. Op eng méi humorvoll Manéier ass de Buergermeeschter Jean-Luc Nosbusch op hire beruffleche Wee agaangen. Wärend sechs Joer, vum 1. Mäerz 2017 a bis den 31. August 2023, huet d'Erika d'Schoulkanner bei all Wieder, op Schnéi, Reen, Niwwel oder Sonn (wat natierlech méi einfach war) mam Bus an d'Schoul an och Heem gefouert: moies fréi, mëttes fir op de Kascht an nomëttes den nämmlechte Programm. Wanderen ass ee vun den Hobbien an dat konnt hatt beruflech kombinéieren: beim Ausdroe vun de Flyere vun der Gemeng. Am Bus souz d'Erika nach iergendwéi dréche mee beim Ausdeele vun de Flyeren huet et missten d'Laune vun der Natur erdroen. An der Ufankszäit vun der Pandemie war d'Erika zesumme mam Rosa a Mireille all Freideg ënnerwee, fir eise Bierger an der Gemeng déi aktuellst Informatiounen auszedroen. Dobäi kënnt nach d'Ausdroe vun eisem "Beeforter", deen an der leschter Zäit regelméisseg iwwer 100 Säiten hat an domadder och ee gewëssent Gewiicht hat.

Den Hubert huet am Service technique net nëmme beim Klimapakt wäertvoll Aarbecht geleescht. Zesumme mam Klimaberoder Thomas Schlicher huet hien, no der grousser Viraarbecht vum Claire Picard an all déi aner Mataarbechter vum Service technique, ee wesentlechen Undeel, datt mer de Klimapakt 1.0 als bescht Gemeng zu Lëtzebuerg konnten ofschléissen. Akribesch huet hien zanter dem 1. Februar 2018 déi verschidden Zuelen an Informatiounen nogesicht, déi fir den Audit noutwenneg waren. Stonnelaang huet hien um Telefon mat de Fournisseuren diskutéiert an argumentéiert, datt d'Saache sou solle sinn ewéi versprach. Sou wéi d'Erika beim Ausdroen ass den Hubert bal bei all Wieder mam Vëlo op d'Schaff gefuer an huet seng Aarbechtskollegen, net grad forcéiert, mee "häerzlech invitéiert" fir un déi verschidden Aktiounen ewéi "Mam Velo op d'Schaff" oder "Tour duerch Duerf" deelzehuelen. Net ze vergiessen de "Vëloswee um Beeforter Plateau" a seng Initiativen a Viraarbecht fir d'Realiséierung vum "Josy Wee", dem Vëloswee op der fréierer Josy-Zuchstréck tësche Beefort an Déiljen.

Ofschléissend huet den éischte Schäffe Bruno Grilo eng Laudatio op d'Lily Scholtes gehalen: "Déi éischte Kéier gouf d'Lily Scholtes am Oktober 1987 an de Beeforter Gemengerot gewielt. Zënter hir ass d'"DiscoLily", wéi hatt deemools vu ville genannt gouf, onënnerbrach bis d'Walen 2023 als Conseiller a Schäffen am Gemengerot bliwwen. Wéi d'Lily et fäerdeg bruecht huet, als Stater Meedchen, de Beeforter ëmmer rëm de Kapp ze verdréinen ass nët bekannt.

Déijéineg déi et schonns vun deemools kenne, wëssen datt hatt senger Roll ëmmer trei bliwwen ass, eemol Rebell, ëmmer Rebell, an dat bis zum Schluss. D'Lily huet sech nët manipuléieren oder verbéie gelooss, hatt huet sech duerchgesat, och wann et munnechmol eng Nervesee wor. Deemools, Enn den 80er Joere, wousst een nët sou genau op hatt ee Rout oder ee Gréngt wier. Rout duerch d'Parteikaart, Gréng an der Besënnung. Fir déi eeler Hären um Gemengendësch wor hatt nach "bësse gréng hannert den Oueren". Vu grénger Politik huet deemools nach kaum een eppes héiere gehat, méi wéi eng Kéier huet hatt mat senge "Spënnereien" a "grénge Ieselzechkeeten" de Schweess op d'Stir gedriwwen. D'Lily huet sech schonns ganz fréi fir Natur an Ëmwelt agesat, een anert Uleies wor awer och d'Schoul, d'Crèche an d'Maison Relais, wou hatt maassgeeblech derzou bäigedroen huet, datt Beefort eng flott Schoulinfrastruktur opzeweisen huet. Duerch Fläiss an Ausdauer huet d'Lily et fäerdeg bruecht iwwer Jorzéngten d'Vertraue vun de Bierger ze gewannen a sou derzou bäigedroen, datt aus engem Bauerenduerf, wou et an den 80er Joeren nach eng Mëschtekaul matten am Duerf gouf a wou de Piff duerch de Kulang gelaf ass, eng fortschrëttlech a modern Gemeng ginn ass."














20. Januar

Bei äiskalen Temperaturen a Schnéi hu sech d'Membere vum "Cercle des Anciens de la Garde Grand-Ducale" un de 16. Dezember 1944 erënnert. Den Dag huet d'Rundstedtoffensiv ugefaangen. Nom Néierleeë vun de Blummen un der Kierchemauer huet den Edmond Faber op der Trompett d'Gedenkfeier begleet. An der Kierch huet d'Pastoralassistentin d'Josiane Mirkes un déi schwéier Zäit vun deemools erënnert an dobäi verschidde Situatiounen an Erliefnesser aus hirer Famill erwäänt. Parallelle goufe mat den haitegen Ereegnesser an Europa an an der Welt gemeet an doduercher konnt een déi deemoleg Zäit nach besser verstoen. An der éischter Rei waren och Kanner dobäi, déi dëst Joer hir éischt Kommunioun wäerte maachen. Och si wäerten hoffentlech hiren Deel dozou bäidroen, datt sech d'Evenementer vun deemools net méi widderhuelen. D'Gedenkfeier an der Kierch gouf encadréiert vun de Chorale Sainte Cécile Beefort souwéi "Sang mat Waldbëlleg-Haler".

Weider Blumme goufe bei de GI-Kräizer virum Kummelsbau a virun der Stèle vum T/Sgt Bob Hebert um Schéidbierg geluecht. Ofschléissend huet d'Gemeng am Kummelsbau den Éierewäin offréiert.

























JOURNÉE
NATIONALE
DE LA SÉCURITÉ CIVILE
LAC D'ECHTERNACH
22 SEPTEMBRE • 10H00-18H00
112
CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS
www.112.lu

2. Februar

Op Liichtmëssdag liichten net nëmmen d'Lampionen mee och de Kanner hir Aen an dat e puermol. Fir d'éischt wa se gesi wéi hire Lampion an der Däischtert liicht, duerno wa se Séissegkeeten an hir Tute leeën a schliisslech zum Schluss vum Dag wann d'Tut mat de Séissegkeete gutt gefëllt ass.

Am Laf vum Moie sinn d'Kanner aus der Crèche mat hire Lampionen op d'Gemeng komm an hunn do puer Lidder zum Beschte ginn. Nomëttes war du de grousse Rendezvous fir d'Kanner aus dem Cycle 2.1 bis Cycle 4.2, dee vun der Beeforter Elterevereenegung organiséiert gouf. Si hunn dräi Treffpunkten am Duerf erausgesicht, vu wou aus si mat de Kanner liichte ginn: op der Spillplaz an der Härewiss, d'Place des Nations (Kiosk) an virum Reitzentrum an der Eppelduerferstrooss. Kanner aus dem Précoce an dem Préscolaire waren och wëllkomm, allerdéngs a Begleedung vun engem verantwortlechen Elteren- oder Grousselterendeel. Zum Ofschloss vum Dag hu si sech alleguerten am Kummelsbau getraff, wou op d'Kanner eng kleng Stäerkung gewaart huet. All Suen, déi beim Liichtegoe gesammelt goufen, goufen un d'Vereenegung "Île aux Clowns" gespent.








17. Februar

D'Beeforter Wanderfrënn hunn an der Jugendherberge hire Bilan vum leschte Joer presentéiert. Fir d'Aktivitéite vum Veräin ze organiséieren ass de Comité sechsmol zesummekomm. Dozou zielen déi traditionell Päischtwanderdeeg, Matorganiséiere vum Wandersummer, een Ausfluch op de Bodensee, d'Clubwanderung mat PW'en ëmzeechnen a Präsenzen op der Generalversammlung vun der Federatioun an der Fiels, enger Informatiounsversammlung iwwer "Green Events" zu Beefort, Grouss Botz, akademesch Sëtzung an der Fiels, Aweiung vun der Beeforter Kläranlag a Generalversammlung vum Beeforter Syndicat d'initiative et du tourisme. Zweemol hunn d'Wanderfrënn an der Fiels ausgehollef an deene Leit, déi bei der Päischtwanderung a beim Wandersummer gehollef hunn, gouf een Iessen offréiert.

D'Wanderungen iwwert de Päischtweekend hu samschdes 357 a méindes 870 Wanderer op Beefort ugezunn, wat een Total vun 1.227 Wanderer ausmécht. Domadder sti si op der aachter Plaz vun de beschtbesichte Wanderungen hei am Land. Mat engem neie Flyer invitéieren d'Beeforter Wanderfrënn op déi 38. Editioun vun de Päischtwanderungen den 18. an 20. Mee.
Sechs nei Memberen hu sech dem Veräin ugeschloss an esou zielt de Veräin am Ganze 27 Memberen. 15 aktiv Membere hu sech u 415 Wanderunge bedeelegt a si waren op 50 vu 66 IVV-Wanderunge vertrueden. 27 permanent Wanderweeër (PW) ginn et hei zu Lëtzebuerg an zwee dovunner zu Beefort. Um PW 20 si 140 Leit an um PW 147 Leit getréppelt. Dat ass ee Plus vu 30 Prozent am Verglach mam Joer virdru wärend zu Lëtzebuerg d'Zuel ëm ee Véierel zréckgaangen ass.




Bedéngt duerch den Ausfluch op de Bodensee huet d'Keess mat engem Defizit ofgeschloss.

No 23 Joer ass de Camille Mathes aus dem Comité ausgetrueden a fir seng wäertvoll Ënnerstëtzung krut hien ee Cadeau iwwerreecht. Nei an de Comité ass den Arthur Mossong. De Comité setzt sech zesummen aus der Presidentin Nancy Dupont-Courtois, der Vizepresidentin Ursula Berkes, der Sekretärin Laura Weber, dem Caissier Steve Dupont an dem Member Arthur Mossong. Bei de Keesserevisoren koum et och zu engem Wiessel. Nieft der Revisorin Juliette Werdel iwwerhëlt den Adrien Wouters d'Aufgab vum Hanny Mathes.

D'Cotisatioun bleift bei zwielef Euro a follgend Membere goufe geéiert: Camille Mathes (23 Joer Comité),





Arthur Mossong (750 Teilnahmen), Steve Dupont (500 Teilnahmen), Petra Thomsen, Bjarne Weber, Josée-Anne an Adrien Wouters (all Kéiers zéng Teilnahmen, déi awer eréischt am Summer ugefaangen hunn). Des Weidere goufen et nach Éierunge vun der FLMP (Fédération luxembourgeoise de marche populaire): Arthur Mossong (3.000 Teilnahmen, 35.000 Kilometer), Steve Dupont (500 Teilnahmen, 6.000 Kilometer), Nancy Dupont-Courtois (450 Teilnahmen, 5.000 Teilnahmen), Cory Dupont (250 Teilnahmen, 3.000 Kilometer), Laura Weber (50 Teilnahmen, 500 Kilometer) a Petra Thomsen, Bjarne Weber, Josée-Anne an Adrien Wouters (all Kéiers zéng Teilnahmen).

Um Programm fir dëst Joer stinn den 30. Mäerz an de 26. Oktober d'Clubwanderung a PW'en ëmzeechnen, vum 3. bis de 5. Mee een Ausfluch op Blankenberge mat der Participatioun vun den "Tweedaagse Voettocht", vum 29. Mee bis den 1. Juni d'Europiade zu Waidring am Tirol. Ouni Datum sinn nach de Wandersummer an d'Helferiessen. D'Aushängeschëld, d'Päischtwanderungen, sinn ewéi virdru schonns erwäänt den 18. an den 20. Mee.

Ofschléissend huet d'Presidentin Nancy Dupont-Courtois der Gemeng an hirem Service technique Merci gesot fir d'Ënnerstëtzung bei de Päischtwanderdeeg a beim Wandersummer, dem Syndicat d'initiative et du tourisme, dem Fierschter Marc Hoffmann an alle Leit, déi an iergendenger Form d'Beeforter Wanderfrënn gehollef hunn.

Ofgeschloss gouf d'Generalversammlung mat engem Fotoréckbléck beim Patt.

---

18. Februar

D'Amicale vun de Beeforter Pompjeeën huet och dëst Joer dat traditionellt Buergbrennen an der Gemeng Beefort organiséiert. De Rendezvous war wéi déi Jore virdrun an der Wiss an der Reisduerferstrooss vis-à-vis vun der Hausnummer 61. D'Leit konnte sech schonns ab 18 Auer op d'Verdreiwe vum Wanter astëmmen an ugefaang gouf d'Buerg, déi hiren Numm och wierklech verdéngt, ëm 19 Auer. Kuerz nodeems d'Buerg mam Brennen ugefaangen huet goufen d'Nokuckerten vun engem Freedefeier iwwerrascht a si un d'Staune bruecht. Mee net nëmmen d'Zuschauer. Et muss een nämlech eng Genehmegung hu fir e Freedefeier ofzeschéissen a virum Ofschéisse muss een der "Direction de l'Aviation civile" Bescheed ginn. A genau si woren iwwerrascht, datt ee sech un déi richteg Prozedure gehalen huet an am Virfeld alles gereegelt huet.









































22. Februar

D'Choralle Sainte Cécile vu Beefort a "Sang mat" Waldbëlleg/Haler hunn hir Aktivitéiten aus dem leschte Joer der Ëffentlechkeet presentéiert. Bedéngt duerch déi schlecht Wiederkonditiounen hu sech kuerzfristeg eng sëllech Memberen an Invitéeën ofgemellt. Besonnesch erfreet war d'Presidentin Danielle Baden-Lobitz iwwert d'Präsenz vun den neie Beeforter Gemengerotsmemberen a gläichzäiteg huet si déi Waldbëlleger Gemengerotsmemberen entschëllegt, déi deen Owend eng Sëtzung haten. No enger Gedenkminutt fir d'verstuerwe Memberen huet d'Eliane Donven-Seiwert de gemeinsamen Aktivitéitsbericht virgedroen, dee mat Fotoe vum Louis Boonen begleet war.

Ugefaangen huet d'Joer mat engem Neijoerschpatt a beim Buergbrennen zu Waldbëlleg huet "Sang mat" d'Leit aus der Gemeng mat engem Ständchen a fräschen Äppelbeigneten a Panecher verwinnt. Op Bretzelsonndeg kruten d'Damme vun den Hären eng Bretzel iwwerreecht. Op Ouschterméindeg hu sech d'Memberen am Restaurant "Casa da Sangria" getraff fir e puer gemittlech Stonne mateneen ze verbréngen a bei dëser Geleeënheet kruten d'Männer een Ouschteree vun den Dammen iwwerreecht.

Den 2. Mee hu si zesumme mat deenen anere Chorallen aus de Pare Miersch Saint-François a Mëllerdall Saint-Michel ënnert der Leedung vum Raymond Majerus d'Oktavmass gesongen. Dat war eng Erausfuerderung an huet hinnen immens vill Freed gemaach. Den 13. Mee stoung den absolutten Highlight um Programm. Déi zwou Choralle haten nach eng Kéier d'Éier fir d'Oktavmass fir d'Paren aus der Regioun Iechternach ze sangen, dat zesumme mat deenen anere Chorallen aus der Regioun. De 25. Mee hu si sech op Aluedung vum Marc Junker, dem Dirigent vun der Iechternacher



Chorale, an enger gemeinsamer Prouf zu Iechternach an der Basilika zesummefonnt als Virbereedung op d'Päischtandacht, déi si op Päischtméindeg zesumme gesongen hunn.

Déi lescht Prouf virun der Summerpaus war eng aussergewéinlech Prouf. Si war ënnert dem fräiem Himmel beim Dirigent Claude Schmit am Gaart. No der Prouf huet hie si gutt verwinnt mat gudde Mäifel vum Grill an engem gudde Patt. Et war e ganz flotten an onvergiesslech Summerowend, wou vill gelaacht ginn ass an net nëmme gesongen. Direkt am Ufank vun der Summerpaus gouf een Dagesausfluch op Esch-Belval gemeet, wou eng ganz interessant Visite vun den Héichiewen, dem Uni-Site asw. um Programm stoung. Dat Ganzt gouf mat engem flotte Spadséiergang um Escher Gaalgebierg ofgeschloss an natierlech huet et och net u guddem Iessen an Drénke gefeelt.

De 15. August gouf d'Mass fir Léiffrawëschdag zu Waldbëlleg gesonge mat uschléissender Prozessioun duerch d'Duerf. Eng Traditioun déi onbedéngt bäibehal muss ginn. De 26. November gouf de Cäciliendag gefeiert. Mat enger feierlecher Mass an der Kierch zu Beefort ass et lassgaangen an uschléissend hu si sech am Restaurant vun der Heringer Mille getraff fir den








Dag mat engem gudde Maufel a Pättche gemittlech ausklénge ze loossen.

D'Beeforter Chorale huet sech um Beeforter Wantermaart mat engem Gedrénksstand bedeelegt. Et gouf e gudde waarme Grog mat Beeforter Cassis natierlech, eng Kippchen oder fir déi méi “Sérieux” e waarme Schocki vu “Fair Mëllech”.

Op eng drëtt Sessioun huet “Sang mat” Waldbëlleg/Haler d'Leit aus der Waldbëlleger Gemeng opgeruff fir un den Adventsfënsteren deelzehuelen. D'Interessenten haten d'Wiel tëschen enger aktiver oder enger passiver Adventsfënster. Bei enger aktiver Fënster konnten d'Leit net nëmmen déi schéi Fënsterdekoratioun bewonneren mee si sinn och nach op der Plaz mat engem klenge Maufel a Patt verwinnt ginn. Dëst Kéier ware 15 aktiv an néng inaktiv Fënsteren dobäi.

Déi zwou Choralle waren ënner anerem bei de Sonndes- a Feierdeegmassen, bei de Gottesdéngschter, de Kommiounen, de Kiermesmassen, den Doudesmassen (14) an aner Geleeënheeten ewéi zum Beispill Hochzäit oder Gedenkfeieren am Asaz. Net ze vergiesse sinn déi sëllech Prouwen vun all Donneschdeg. D'Chorale Sainte Cécile Beefort besteet nach aus fënnef aktive Memberen an d'Chorale “Sang mat” Waldbëlleg/Haler aus 15 aktive Memberen.

Déi dräi Keesen (“Sang mat”, Chorale Beefort an eng gemeinsam Keess), déi vum Louis Boonen an Nicole Thielen-Seiwert verwalt ginn, goufen op Virschlag vun de Revisore Martine De Nutte-Hansen a Marie-Anne Weydert gutt geheescht.

Bei der fräier Ausssprooch huet den Diakon Michel Bingen aus der Par Mëllerdall Merci gesot fir den Asaz vun den zwou Choralle wärend d'Monique Kuijpers frou war d'Chorallen aus de verschidde Perspektiven kennenzeléieren an huet ebenfalls Merci gesot fir hir Leeschtungen.

Den Dirigent Claude Schmit huet a senge Statistiken erausfonnt, datt déi zwou Chorallen d'lescht Joer 100 mol am Asaz waren an ass och drop agaangen, wat wärend der Versammlung kuerz erwäänt gouf an zwar, datt et reegelméisseg virkënnt, datt um Ducksall méi Leit waren ewéi ënnen an der Kierch. D'Entwécklung an de leschte Jore weist, datt d'Zäit vun den Duerfchéier op een Enn geet an, datt een zesummenhale muss. D'Oktavmass war een Highlight an de leschte Joren an doduercher, datt een zesummen déi nämmlecht Lidder geprouft huet, wier et den Ufank vun engem gemeinsame Repertoire.

Merci gesot kruten nach déi zwee Organisten, de Jean Schiltz an den Henry Wickens, deen och als Dirigent aspréngt, datt si op der Uergel begleede respektiv dirigéieren. E weidere Merci goung un den Dirigent Claude Schmit, fir säin Engagement a seng wäertvoll Aarbecht, souwéi un den Archivar Aloyse Weyler, deen ëmmer duerfir suergt, datt jiddereen déi richteg Nouteblieder huet.

Éier d'Generalversammlung mat engem gudde Maufel a Patt ofgeschloss gouf, gouf de genaue Programm vum Ausfluch vum 6. bis den 9. September op Bernkastel, Bonn an d'Ahrtal virgestallt, op déi sech d'Membere vun den zwou Choralle schonns freeën.

3. Februar

De Beeforter "Centre d'incendie et de secours" (CIS) an d'"Amicale Pompjeeën Beefort Asbl" hunn hirAktivitéite vum leschte Joer an hirem Asazzenter virgestallt. Gläich am Ufank huet den Zenterchef Etienne Vrolijk d'Wichtegkeet vun de Formatiounen ënnerstrach. D'Asätz ginn ëmmer méi kompliziéiert. Et ginn nei Geforen an och nei Methode ginn ugewannt. D'Pompjeeë vun haut ass net dat nämmlecht ewéi virun 30 Joer.

Ganz gutt beluecht waren am leschte Joer d'Permanencen a fir 2025 steet eng grouss Erausfuerderung bevir: den nationale Jugendcamp zu Beefort um a ronderëm de Site vum Asazzenter.

Déi organisatoresch Struktur vum "Centre d'incendie et de secours" ass wéi follegt: Etienne Vrolijk, Zenterchef; Corey Dupont, Zenterchef-Adjoint. Operationell Struktur: Etienne Vrolijk a Claude Bartz, Sektiounschef. Unitéiten am CIS: Etienne Vrolijk, Administratioun; Jérôme Vazzoler, Logistik an Technik; Corey Dupont, Formatioun; Lyn Stangé, Jugend. Den Total vun 38 Membere setzt sech zesummen aus 13 Memberen "Incendie/Sauvetage", 17 Memberen "Secours à personnes", sechs Veteranen an zwee Kandidaten. Bei de Präsenzen an den Unitéiten (65 am Total) huet den Zenterchef een Opruff gemeet fir sech ofzemelle wann een net disponibel wier.

Mat 88 Asätz goufen et der däitlech manner ewéi am Verglach mam Joer 2022 (113) a si setze sech zesummen aus 68 "Secours à personnes", aacht "Incendie", siwen "Accident de la voie publique", véier "Technique" an eng "Assistance à personnes". Eemol gouf een an d'Nopeschgemeng op Waldbëlleg geruff an de gréissten Asaz war den 10. Mee de Brand um Grondhaff. Déi meescht Asätz goufen am Dag notéiert.

Nieft den am Ganze 26 Übungen hunn d'Memberen un enger Rëtsch Formatiounen an de verschiddene Kategorien deelgeholl. Och hei gouf et een Opruff fir sou vill wéi méiglech Formatiounen ze maachen.

D'Sektioun vun de Jugendpompjeeë gëtt vum Lyn Stangé geleet mat der Ënnerstëtzung vum Johan De





Carvalho, Jérôme Jade, Tom Meyers, Aimée Joachim, Corey Dupont an Etienne Vrolijk. Aacht Jongen an dräi Meedercher hunn u 15 Übungen, sechs Aktivitéiten, engem Mini-Camp a fënnef Versammlungen deelgeholl.

Nom Bilan vum "Centre de secours" goung et viru mat der Generalversammlung vun der "Amicale Pompjeeën Beefort" bei där de President Christian Kröger de Comité virgestallt huet: Stephane Gaspar, Vizepresident; Guy Tholl, Sekretär; Edin Marusic, Keessjee; Lyn Stangé, Jugendbeoptragte; Etienne Vrolijk, Vertrieder vum CIS a Gilles Sauber als Bäisëtzende. A sechs Comités- an enger Membersversammlung wärend dem Joer goufen d'Aktivitéite geplangt an organiséiert.

D'Joer huet mat der Restauratioun vum Unhänger fir d'Buergbrennen am Atelier vun der Gemeng a mat der Sammlung vu Chrëschtbeem ugefaangen. Deeglaang Viraarbechte waren néideg fir d'Buergbrennen de 26. Februar an dat huet sech dës Kéier esou richteg gelount. Beim Eldoradio-Gewënnspill "Schéinste Buerg am Land" koum d'Beeforter Buerg op déi éischte Plaz. Grouss Botz, Deelhuelen un de Feierlechkeeten um Virowend vum Nationalfeierdag, Feierläscherkontroll mat Summerfest a Präsenz mat Spiller um Schoulfest waren d'Aktivitéite bis d'Summervakanz. Duerno goung et weider mat engem Moulenowend bei hire Kollegen zu Reisduerf, engem flotten Membersdag am Action- a Kartingzenter zu Grüfflingen (B) an engem Joresofschlossiessen.

Trotz engem Defizit sinn d'Finanze gesond an op Virschlag vun de Revisore Jean Bosch a Robert Reiff gouf vun der Versammlung Entlaaschtung ausgesprach. No 16 Joer hält de Jean Bosch als Keeserevisor op an déi Plaz wäert am Laf vum Joer intern ausgeschriwwe ginn.

De Buergermeeschter Jean-Luc Nosbusch huet dem Beeforter Asazzenter fir hir geleeschten Aarbecht Merci gesot an och der Amicale fir hire Beitrag zum aktiven Duerfliewen. Ofschléissend ass de Regionalpresident vum CGDIS Osten, Constant Schwartz, op d'Wichtegkeet vum "First Responder" agaangen an huet op déi kommend Terminer vun der Federatioun erënnert. Ee weidert Thema war d'Assurance fir Leit, déi an hirer Fräizäit am Asaz an der Regioun sinn ewéi zum Beispill Accident um Wee fir op eng Versammlung. D'Beeforter Jugendaarbecht gouf gelueft a fir si an och fir d'Amicale ass kee Su ze deier. Jidderee gëtt gebrauch, getrei nom Motto "Ee fir all, all fir een".

Zum Schluss vun der Generalversammlung kruten d'Membere mat de meeschte Präsenzen ee klenge Cadeau iwwerreecht.

8. Mäerz

Den Agility-Turnéier am Summer ass d'Aushängeschëld vum Agility-Club "4 Running Paws". Dat geet aus dem Aktivitéitsbericht ervir, deen am Kader vun hirer Generalversammlung am Kummelsbau virgedroe gouf. Wärend zwee Deeg, de 24. a 25. Juni d'lescht Joer, konnten um Terrain bei der Äispist am Ganzen 251 Starter aus véier Länner mat 502 Starts an Agility a Jumping an de Klassen A1, A2 an A3 gezielt ginn. Dëst Joer ass den Turnéier de 15. a 16. Juni.

D'lescht Joer hu sech sechs Memberen an néng Hënn un de verschidden Turnéieren zu Lëtzebuerg, an Däitschland an an der Schwäiz deelgeholl. Des Weidere goufen et 50 Trainingsdeeg an der Agility-Hal zu Saarburg (D) an de Veräin huet un aacht veräinseegenen Turnéieren an der Agility-Hal gehollef. Zudeem gouf och a Material investéiert.

Wéi schonns erwäänt steet fir dëst Joer de 15. a 16. Juni den Agility-Turnéier mat de Riichteren Marleen Haeneefstingels aus der Belsch a Gilles Welfringer aus Lëtzebuerg um Programm. Geplangt sinn ausserdeem d'Participatioun un 19 Turnéieren zu Lëtzebuerg mat ënner anerem der Coupe an de Landesmeeschterschaften, an Däitschland an an der Schwäiz.

Bedéngt duerch d'Investitiounen a Geräter, engem elektronesche Chrono an engem Agility-Programm huet d'Keess vun de "4 Running Paws" mat engem Defizit ofgeschloss.

Déi gréisste Suerg mécht allerdéngs ee gëeegenten Terrain zu Beefort ze hunn. Zur Zäit gëtt an enger Hal zu Saarburg (ongeféier 50 Kilometer vu Beefort ewech) trainéiert, déi och nach de ganze Summer vun Abrëll bis September zou huet. Doduercher géif de Veräin keng nei Membere bäikréie well de Wee bis dohinner einfach ze wäit ass. Ufroen aus der Géigend wieren do. Wéi et ausgesäit géifen ënnert dëse Bedingungen de Club eng véier bis fënnef Membere verloossen an de Veräin géif ausschliisslech aus Comitésmembere bestoen. Et besteet de Risiko, datt de Veräin zu sengem zéngte Jubiläum d'nächst Joer misst ophalen an et hofft een op een oppent Ouer vun de Gemengeverantwortlechen.

De Comité setzt sech zesummen aus der Presidentin Monique Paulus, Vizepresidentin Sandra Quint, Sekretärin Marie-Josée Mertz-Blum, dem Caissier Guy Hilbert an dem Member Thorsten Quint. Keesserevisorinne sinn d'Sonja Wanderscheid a Corinne Schmit. Monique Paulus ass zudeem eng international Agility-Riichterin.



23. Mäerz

De "Syndicat d'initiative et du tourisme" an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Beefort huet och dëst Joer nees eng Grouss Botz organiséiert, zu där all Veräiner an Awunner häerzlech invitéiert ware fir matzemaachen. Déi traditionell Rendezvouse waren zu Beefort bei der Äispist an zu Déiljen bei der Kierch. No der zum Deel ustrengender Aarbecht gouf um Camping nieft der Äispist gegrillt.



26. Mäerz

Dank dem Camping konnt de "Syndicat d'initiative et du tourisme Beaufort" (SITB) d'Geschäftsjoer mat engem Boni ofschléissen an esou d'Perte vun der Äispiste an der Schwämm opfänken. Dat geet aus dem Rapport vun der Generalversammlung ervir, deen am Kummelsbau virgestallt gouf.

D'Zuel vun den Iwwernuechtunge goung par Rapport zum viregte Joer liicht ëm 1,1 Prozent vun 38.522 op 38.941 erop. Méi Eenzelentréeën (vun 21.004 op 21.638) a manner Gruppen a Schoulen (vun 10.518 op 10.216) ginn et op der Äispiste ze verzeechnen an d'Entréeën all zesumme maachen ee liichte Plus vun 31.522 op 31.854 aus. Wéinst dem schlechte Wieder am Summer ass d'Zuel vun de Visiteuren an der Schwämm ëm 30,6 Prozent erofgaangen: vun 33.549 op 23.285.

An de Finanzbicher spigele sech dës Zuelen esou erëm: ee Minus vun 28.924 Euro fir den "Aqua Park", eng Perte vun 59.784,70 Euro fir den "Ice Park" an ee Plus vun 289.600,94 Euro fir de "Camping Park". Dobäi kënnt nach eng Perte nette vun der "Administration générale" an Héicht vu 40.456,18 Euro an ënnert dem Stréck ass ee positiivt Resultat vun 160.435,66 Euro ze verzeechnen.

Hannert dësen Zuele steet vill Aarbecht vun de Comitésmemberen a Personal hannendrun. Sou war ee present op sëllege Versammlungen an Aktivitéiten an der Regioun vun de verschidden Acteuren aus dem Tourismussecteur an och bei lokalen Aktivitéiten a Manifestatiounen an der Gemeng. Dozou kommen nach eng Rëtsch Seminairen an Aarbechtsgruppen.

Zu den Aktivitéite gehéieren d'Fuesent am "Ice Park", Grouss Botz zesumme mat der Gemeng, Veräiner an Awunner, een Animatiounsprogramm vum 17. Juli bis den 11. August um Camping, d'Tipi-Fest, ee Sprangschlass-Event uganks August op der Äispiste an den Ofschloss vun der Saison an der Schwämm, déi vum 18. Mee bis den 3. September gedauert huet, mam Muppeschwammen.

Besonnesch houfreg ass en op den éischte Präis an der Kategorie Camping mat den Igluen am "Camping Park" bei der zweeter Editioun vun de "Luxembourg Tourism Awards". Des Weidere gouf de Camping mam Superdreckskësch-Label priméiert, de Muppeschwammdag krut de "Green Events"-Logo an de "Camping Park" gouf mam EcoLabel a Gold zertifizéiert.

D'Saison vum "Ice Park" huet den 11. November ugefaangen an den 3. Mäerz opgehalen. Dës Kéier gouf keen Ice-Karting ugebuede wéinst den enormen Energiekäschte fir nom Fueren d'Äis rëm optimal fir Schlittschong ze preparéieren. Wéint Manktem un Interessi an de leschte Jore goufen och keng Schlittschongcourse fir Erwuessener organiséiert. Aneschtes gesäit et bei de Kanner aus. Sechs Course fir Ufänger (79 Kanner) an aacht Course fir Fortgeschrattener (52 Kanner) an den Total vun 131 Participantë bedeit ee Plus vun 29,7 Prozent.




D'Personal vum Camping krut nei Kleeder an op Niveau vum Marketing goufen ënner anerem Annonce geschalt an een neie Flyer fir den Tourentipp B1 ausgeschafft. Nei Schlittschung an zousätzlech Hëllefe fir Schlittschung ze fuere goufen am Laf vum Joer ugeschaaft. Et gouf weider an de "Camping Park" investéiert ewéi zum Beispill d'Erneierung vun de Stroumkëschten, de Weiderbau vum neie Sanitärblock 2 mat dräi neie Gäschtezëmmer a Wunneng fir de Surveillant, neien Zonk ronderëm d'Campingplaz nieft der Äispiste an d'Beplanzung vun der Dréchemauer a Blummewues an Zesummenaarbecht mam Natur- a Geopark Mëllerdall.

D'Zuel vun de Follower a Fans op de soziale Medien vun de véier Siten ("Camping Park", "Aqua Park", "Ice Park" a "Visit Beaufort") ass an d'Luucht gaangen an de SITB huet den traditionelle Kalenner erausbruecht.

De Budget fir 2024 gesäit Dépensen an Héicht vun 1.309.000 Euro a Recette vun 1.425.850 Euro vir. Dat géif ee Bénéfice vun 116.850 Euro maachen. Follgend Investitioune sinn am "Camping Park" fir dëst Joer geplangt: D'Wunneng fir de Surveillant ass zanter Februar fäerdeg, d'Ouverture vum Sanitärblock 2 ass fir Juni virgesinn an och d'Finaliséierung vun de Gäschtezëmmeren, Leeë vun neie Stroumleitungen, nei Mazouttankanlag fir de Block 4 an den Atelier, d'Klassifizéierung op véier Stären, Neigestaltung vun der Beschëlderung an een Imagefilm an nei Fotoe vum "Camping Park". Am "Ice Park" gëtt d'Neigestaltung vun den Toilette geplangt an eng PV-Anlag um Daach vum Sanitärblock 4 / Vestiaire vum Äishockey. Neigestaltung vun der Wanderkaart Beefort, Flyer "Camping Park", Aktualiséierung vum Plang um Camping, nei Ausmolblieder a Visittekaarte falen zu den Investitiounen am Beräich "Marketing".

Zu de Manifestatiounen zielen dëst Joer d'Grouss Botz, Indianerfest am Tipi-Duerf, Sprangschlass-Event, Animatioun an Zesummenaarbecht mam ORT a Concerten a Muppeschwammen. Zum Schluss vun der Generalversammlung goufe Remerciementer ausgedréckt u jiddereen, dee sech an iergendwellecher Form zum Gelénge vum Geschäftsjoer 2023 bedeelegt huet.

De Comité vum "Syndicat d'initiative et du tourisme Beaufort" setzt sech zesummen aus Françoise Bonert (Presidentin a Sekretärin), Nancy Dupont-Courtois (Vizepresidentin), Camille Hoffmann (Trésorier), Cindy Dichter (Delegéiert vun der Gemeng), René Champagne, Emile Wies, Andreza Meester an Etienne Vrolijk (Member).

27. Mäerz

Gemeng Beefort huet am Kader vun enger klenger Feier siwe Spiller vun de "Beaufort Knights" geéiert, déi bei der Äishockeyweltmeeschterschaft vun der drëtter Divisioun, Grupp A, zu Kirgisistan iwwerraschend op déi drëtt Plaz komm sinn an domadder Bronze-Medail gewonnen hunn. Dat waren de Sven Cruchten, Dino an Demir Mededovic, Raoul Kramer, Claude an Nicolas Mossong an dem Sasha Backes. Des Weidere koum nach de Co-Trainer Robert "Robo" Beran zu Éieren, deen hei zu Beefort wunnt.

D'Zil vun der nei formatéierter Nationalekipp am Grupp A vun der drëtter Divisioun ze bleiwen an déi drëtt Plaz mat aacht Punkten no Mätscher hanner Thailand (15 Punkten) a Kirgisistan (zwielef Punkten) ass mat engem klenge Wonner ze vergläichen. Hannendru koumen nach Turkmenistan (sechs Punkten), Mexiko (dräi Punkten) a Südafrika (ee Punkt). Gläich am éischte Mätsch huet Lëtzebuerg mat 3:4 géint Turkmenistan gewonn an esou de Grondstee geluecht. Géint den Organisateur Kirgisistan huet ee 3:7 verluer a mat engem 4:5 no Verlängerung Mexiko geklappt. Mam 4:2 géint Südafrika war praktesch déi drëtt Plaz sécher an dorunner huet och déi 6:1-Néierlag géint Thailand näischt geännert.

Déi geéiert Spiller kruten eng grouss Fläsch Crémant mat hirer Foto an engem Akafsbong vu 50 Euro bei "Asport" am Numm vum Schäffen a Gemengerot iwwerreecht.














28. Mäerz

Schreckmoment bei den Aarbechten un der fréierer Distillerie "Dussier". Hei gouf Munitioun aus dem Zweete Weltkrich fonnt. De Service de déminage vun der Lëtzebuerger Arméi gouf op d'Plaz geruff a si hunn zum Ofschloss folgenden Inventaire gemeet: zwou amerikanesch Mk2-Handgranaten, zwou amerikanesch M17-Gewier-Leuchtgranaten, 15 amerikanesch 60-Millimeter-Mörser-Sprenggranaten a 70 Kilogramm Klengkalibermunitioun.

An deem Kontext e puer Informatiounen zum "Service de déminage de l'Armée luxembourgeoise" (SEDAL):

Depuis de nombreuses années, le service de déminage de l'Armée luxembourgeoise a dépollué le territoire national des nuisances explosives provenant des deux guerres mondiales. Tout d'abord, il s'agissait de libérer les infrastructures essentielles des milliers de mines, antipersonnel et antichar, lesquelles ont été à la source de nombreuses difficultés au moment de la reconstruction et du développement du pays. Au fur et à mesure, les autorités ont réalisé que ce n'étaient pas seulement les mines, mais aussi toute la panoplie des autres engins explosifs parsemant encore le terrain qui mettaient en danger des vies humaines.

La dénomination du service restait, surtout au niveau populaire, mais le type d'intervention changeait sensiblement : du déminage, dans le sens strict du mot, à la dépollution. C'est ainsi que le service a survécu, au fil des décennies suivant la fin de la Deuxième guerre mondiale, à toutes les restructurations de l'Armée, car l'omniprésence des munitions ratées a justifié tout à fait leur présence jusqu'à nos jours.

Encore aujourd'hui, le SEDAL exécute plus de 300 interventions par an, comptant pour quelques cinq à dix tonnes de munitions retrouvées et traitées.

**Les missions du SEDAL**

- Intervention sur les munitions non explosées des deux guerres mondiales
- Sensibilisation aux risques liés aux munitions
- Gestion et entretien des munitions de l'Armée luxembourgeoise
- Participation à des opérations à l'étranger dans le cadre d'organisations internationales

**Les formations du SEDAL**

Le personnel du SEDAL dispose des qualifications et du matériel nécessaire afin d'intervenir sur tout type de munitions conventionnelles. Ces formations et l'équipement permettent plus particulièrement de remplir les missions suivantes :
L'accès aux munitions
L'identification des munitions et l'évaluation de la situation
L'atténuation des risques explosifs
La neutralisation des munitions
La destruction des munitions

## Vous avez découvert une munition, que devez-vous faire ?

- Gardez votre calme
- Ne pas toucher
- Ne pas déplacer
- Contactez le SEDAL ou la Police Grand-Ducale
- Le SEDAL interviendra dans les meilleurs délais afin d'enlever ou de détruire la munition découverte

**SEDAL : 247 57940** (gratuit et disponible 7/7 et 24/24

**Police : 113**









14. Abrëll

Traditionell ass um zweete Sonndeg no Ouschteren d'Kommunioun zu Beefort an dëst Joer gouf och un dësem traditionellen Datum festgehalen. 14 Kanner, dovun néng Meedercher a fënnef Jongen, hunn an der Beeforter Kierch d'Sakrament vun der Kommunioun emfaangen. Bei guddem Wieder sinn d'Kommuniounskanner mat hirer Famill an hire Frënn no engem klenge Cortège an d'Kierch eragaangen.

Wärend der Kommuniounsfeier gouf och ee Kand duerch d'Daf an d'chrëschtlech Gemeinschaft opgeholl an déi Famill hat deen Dag gläich zwee Fester: Kommunioun an Daf. D'Pastoralassistentin Josiane Mirkes huet déi jonk Chrëschte méintelaang op d'Kommunioun virbereet an d'Kommuniounsmass gouf vum Paschtouer Carlo Morbach gehalen. Gesanglesch encadréiert gouf d'Kommunioun vun de Choralle Sainte Cécile vu Beefort a "Sang mat" Waldbëlleg/Haler.









































14. Abrëll

Op hirer Tournée duerch Lëtzebuerg hunn d'Schülerinnen a Schüler vun der "Ecole intercommunale de musique de la région de l'Ourcq" ee Concert op der "Place des Nations" zu Beefort ginn. Kommunioun, Reittournéier, dat gutt Wieder um leschten Dag vun der Ouschtervakanz an déi kuerzfristeg Publikatioun vun der Manifestatioun wäerte wuel d'Ursaache sinn, firwat sech am Nomëtteg net vill Leit afonnt hunn, fir de Concert vun der Museksschoul aus der Paräisser Géigend nozelauschteren. Dat huet awer d'Museker net dovun ofgehale fir trotzdem hire Programm mat voller Begeeschterung ze spillen.

Zum Ofschloss huet d'Schäffin Lynn Mossong dem President an Dirigent Bernard Ménil eng Fläsch Lëtzebuerger Crémant iwwerreecht.





15. Abrëll

A senger Sëtzung de 27. Mäerz huet de Gemengerot d'Zesummesetzung vun de berodende Kommissioune gestëmmt (Rapport op de Säiten 8 bis 11). D'Membere vun den eenzelne Kommissiounen sinn an de Kummelsbau zesummekomm fir iwwer de President an de Sekretär ofzestëmmen. An hirer Begréissung hunn déi zwee Schäffe Bruno Grilo a Lynn Mossong de Sënn an Zweck vun de berodende Kommissiounen erkläert a wéi se funktionéieren. Wéi den Numm et schonns seet hunn d'Kommissiounen eng berodend Funktioun an d'Décisioune an Iddie ginn dem Schäfferot matgedeelt, deen dann iwwert déi nächst Schrëtt entscheet. D'Mandat vun de Membere vun de berodende Kommissiounen hält entweder mat enger schrëftlecher Demissioun oder spéitstens bei den nächste Gemengewalen op. Theoretesch wier dat am Juni 2029. An dëser Period ginn et e puer nei Kommissiounen, déi et virdrun net gouf, an anerer, bei där sech des Kéier genuch Kandidate gemellt hunn.










19. Abrëll

D'Veräiner aus der Gemeng Beefort waren an d'Jugendherberge invitéiert fir un enger Informatiounsversammlung deelzehuelen. D'Thema war dat neit Gesetz fir Associatiounen ouni Gewënnzweck (Asbl) a Fondatiounen, dat zanter dem 23. September 2023 a Kraaft ass. Detailer a praktesch Informatiounen huet de Maître Steve Helminger ginn. Bestoend Associatiounen a Fondatiounen, déi virum 23. September 2023 gegrënnt goufen, hunn zwee Joer Zäit fir Statuten dem neie Gesetz unzepassen. Ganz praktesch ass de Site myasbl.lu, deen dat neit Gesetz erkläert.

Am Laf vum Owend gouf nach eng Kéier d'Offallgesetz kuerz virgestallt an och d'Material, dat d'Gemeng de Veräiner gratis zur Verfügung stellt. Erënnert gouf och nach un de Projet "Green Events" vum Ëmweltministère. Wann ee verschidde Kriterie bei engem Fest erfëllt, da kritt een eng finanziell Ënnerstëtzung vu 1.500 Euro.

Ofschléissend sief nach eng Kéier drun erënnert, datt Veräiner hir Manifestatiounen zur Zäit matdeele solle fir op der enger Säit een aktuelle Manifestatiounskalenner an der Gemeng ze hunn an och fir méiglech Terminiwwerschneidungen aus dem Wee ze goen.










25. Abrëll

No der Begréissung duerch de President vun de Beeforter Theaterfrënn Patrick Goetzinger huet hien uschléissend och den Aktivitéitsrapport virgestallt.

D'Joer 2023 stoung am Zeeche vun hirem 25. Anniversaire, dee mat enger Rei Manifestatiounen an der Gemeng Beefort gefeiert gouf ewéi zum Beispill der éischter Editioun vum Wikingerschach-Tournoi, ee spueneschen Owend an och ee Sketchowend. D'Theaterfrënn hu sech ebenfalls u weider Manifestatiounen an der Gemeng bedeelegt. Dozou zielen den Europadag, de Summermaart an de Wantermaart. Mat vill Engagement an Enthousiasmus gouf sech op déi traditionell Theaterowender virbereet. Leider sinn déi beléiften Optrëtter, déi am Oktober virgesi waren, wéinst Krankheetsfall vun engem Member ausgefall.

D'Beeforter Theaterfrënn zielen 22 Memberen. Fir d'Aktivitéiten ze plange goufen am Laf vum Joer dräi Memberversammlungen a véier Comitéssëtzungen aberuff. De President huet der Gemeng Merci gesot fir de Subsid an alle Memberen a Fräiwëlleger, déi de Veräin bei de sämtleche Manifestatiounen ënnerstëtzt hunn. Des Weideren huet hie säi Wonsch ausgedréckt, datt d'Membere sech och an Zukunft fir de Veräin asetze sollen.

De Rapport vun der Caissière Claudine Gremling gouf op Virschlag vun de Keeserevisore guttgeheescht a mam Liv Heinen huet de Veräin eng nei Sekretärin.

Ofschléissend wënsche sech d'Theaterfrënn eng nei Beliichtung fir hir Theateropféierungen. De Comité setzt sech zesummen aus Patrick Goetzinger (President), Liv Heinen (Sekretärin), Claudine Gremling (Trésorière) an de Memberen Dario Ballanti, Sonja Goetzinger-Switala, Léonie Switala a Marie Neves.



26. Abrëll

Eng nei Plaz an eng nei Auerzäit fir de Beeforter Blummemaart. Sou kann een d'Editioun 2024 vun de Beeforter Duerffrënn an Zesummenaarbecht mat der Gemeng an der Gäertnerei Fleurs Binsfeld vun Ierpeldeng un der Sauer zesummefaassen.

Wéinst dem Schantje ronderëm d'Schmattshaus (Dussier) war et net méiglech op dëser Plaz de Blummemaart ze organiséieren. Dowéinst gouf de Gemengenatelier ausgewielt an deen hat nach ee weidere Virdeel: Parkplazen. Vill Leit si mam Auto bei de Gemengenatelier komm a konnten ouni de Verkéier ze blockéieren hir Blummen an Äerd gläich mathuelen. Oder ee bësse méi spéit no engem vun den Duerffrënn offréiertem Patt.

Des Weidere war et guer net sou einfach ee Partner fir de Verkaf vun enger grousser Auswiel vu Blummen ze fannen. Aneschtes wéi bei engem Dépositaire zum Beispill war bis op d'Gäertnerei Binsfeld kee Liwwerant bereet net verkaafte Blummen zréckzehuelen. Allerdéngs huet dat missten den Dag drop moies sinn an dat war d'Ursaach firwat de Blummemaart Freidesowes stattfonnt huet. Am anere Fall wier de Blummemaart ewéi d'lescht Joer aus genau deem Gronn ofgesot.

D'Beeforter Duerffrënn hate mam Blummentaxi nach ee spezielle Service ugebueden. Op Wonsch huet de Blummentaxi d'Leit op d'Plaz bruecht an duerno si mat de Blumme rëm Heem gefouert.














4. Mee

“Victory Riders Lx” hunn d’Ouverture vun hirem “Clubhouse” gefeiert. Dat neit “Clubhouse” befënnt sech op Nummer 6 un der Montée du Château, dat allgemeng als Hierdenhaus bekannt ass. Tëschen 1881 bis 1981 war iwweregens hei den éischte Pompjeesbau vun de Beeforter Pompjeeën. D’Gemeng Beefort ass weiderhi Proprietaire vum Gebai a stellt de “Victory Riders” dës Raimlechkeeten zur Verfügung.

Viru véier Joer hunn d’Membere vum Veräin an Eegeregie a mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng ugefaangen d’Gebai nei ze amenagéieren. Wéinst der Pandemie hu sech dës Aarbechten an d’Längt gezunn. Eng Rei Beeforter Awunner an Nopere si bis laanscht komm fir déi nei Raimlechkeeten ze bewonnere wou um Rez-de-chaussée ënner anerem ee Comptoir ageriicht gouf. Am Versammlungsraum um éischte Stack kënnt de Comité zesummen a plangt d’Aktivitéite vum Veräin ewéi zum Beispill den “Hard Ball”, deen dëst Joer de Weekend vum 2. an 3. August stattfënnt.

D’”Clubhouse” ass iwweregens all éischte Freideg am Mount fir jiddereen op.
















9. Mee

Passend zum Europafändel huet sech d'Wieder um Europadag presentéiert: Bloen Himmel an d'Sonn huet geschéngt. Lues awer sécher entwéckelt sech den Europadag zu Beefort zu engem feste Bestanddeel vum Manifestatiounskalenner. Déi éischt Editioun, déi vun der deemoleger Integratiounskommissioun an d'Liewe geruff war, hätt sollen 2020 stattfannen a gouf wéinst der Pandemie annulléiert. Eréischt 2022 konnt déi éischt Editioun iwwert d'Bühn goen an dat war direkt een Erfolleg. Leider huet d'lescht Joer d'Wieder net sou richteg matgespillt an dëst Joer war et rëm ee Succès.

Déi fréier Integratiounskommissioun heescht zanter dësem Joer Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen an ass, ewéi déi aner berodend Kommissiounen, zanter dem 15. Abrëll funktionell. A gutt dräi Wochen huet si an Zesummenaarbecht mat der Gemeng, de Beeforter Veräiner a Geschäftsleit ee flotte Programm opgestallt.

Ugefaang huet den Dag mat "Jabutri Zauberkunst", dee besonnesch déi jonk Visitteure begeeschtert huet. Méi haart a fetzeg Téin aus der "Rock 'n' Roll"-Zäit koume vun de "C.C. Riders", déi un d'Liewensgefill vun deemools erënnert hunn. Tom Lehnert, Daniel Fastro a Fred Barreto trieden zesummen ënnert dem Numm "The Odd Blues Reunion" op. Hire Blues-Rock huet seguer déi jéngst Musikfans begeeschtert a véier vun hinnen hunn de Concert aus der éischter Rei verfollegt. Eng Kombinatioun aus Aerobic a Musek ass Zumba. Jonk Mamme vun Iechternach hu mat de Kanner mam "Zumba Fitness" eng flott Ambiance geschafen a méi wéi een huet sech vun der Dynamik ustieche gelooss.

Wéi gewinnt hunn d'Veräiner fir Iessen a Drénke gesuergt. Mat engem Infostand war d'Associatioun "Mir wëllen iech ons Heemecht weisen" präsent, wou traditionell Kaffiszeremonie aus Eritrea vun de Flüchtlingen, déi zu Beefort ënnerbruecht sinn, gehale goufen.

Den Europadag a Biller op de Säiten 104 bis 107.

11. Mee

"Aurora Borealis" ass de wëssenschaftlechen Numm fir Polarliichter oder Nordliichter op der Nordhallefkugel an déi konnt een an der Nuecht vum 10. op den 11. Mee zu Beefort gesinn. Ausléiser fir dëst Naturphänomen waren extrem staark Eruptiounen op der Sonn (Sonnestuerm). Polarliichter trieden am heefegsten an der Géigend vun de geomagnetesche Polen op. Dësen aktuelle Sonnestuerm war allerdéngs de stäerksten zanter Oktober 2003 an doduercher konnt ee se bis erof an eise Géigende gesinn. Déi verschidde Faarwen hänken of vun der Energie, der Héicht an d'Zesummesetzung vun der Atmosphär. Gréng Polarliichter befanne sech an der Héicht vun ongeféier 100 bis 300 Kilometer a rout Polarliichter tëschen 300 a 400 Kilometer.

Op den éischte Bléck sinn d'Nordliichter net direkt als solches ze erkennen. Um Nuetshimmel gesäit een ee schwaache Schleier, deen op d'"Aurora Borealis" hiweist. Mat der Hëllef vun engem Fotoapparat a liichtstaarken Objektiv ass et méiglech duerch Laangzäitbeliichtung d'Polarliichter anzefänken ewéi se op de Fotoe vum Josip Nerancic op de Säiten 108 an 109 gesäit.






















Eisekuchen










PARTAGEZ
VOTRE
PASSION














FAMEL
SPORT
KS 50










ZUMBA Kids


ZUMBA Kids
ZUMBA Kids


ZUMBA Kids




Anna
Marta









13. Mee

62 vun 100 Gemenge ware beim Buergermeeschterdag am Casino 2000 zu Munneref vertrueden an ënnert den iwwer 650 Leit war och eng Delegatioun vu Beefort vertrueden. Um Buergermeeschterdag sinn net nëmmen d'Buergermeeschteren ageluede mee och Schäfferéit, Conseilleren a Gemengepersonal.

Nom Superwaljoer 2023 mat Gemengewalen a Chamberswalen ass de Buergermeeschterdag fir jiddereen eng gutt Geleeënheet fir déi nei Vertrieder kennen ze léieren a sech auszetauschen. Ausserdeem goufe follgend Theme behandelt: de Koalitiounsvertrag, déi kommunal politesch Prioritéite vun dëser Regierung an de Bilan vun der "Soirée de dialogue" vum Minister Léon Gloden mat den "Elus locaux".



19. Mee

Ee vun den jéngste Beeforter Veräiner huet säin éischte Gebuertsdag gefeiert: "As Cinquentinhas". Am Mëttelpunkt sti bei hinne Motorrieder oder éischter gesot Motocycletten an dat haaptsächlech "50 Kubik".

Wärend zwee Deeg, Samschdeg a Sonndeg, war d'"Place des Nations" mat ville "50 Kubik" ëmzéngelt an déi meescht Motocyclette koumen aus Portugal. Net nëmme vun do mee aus anere Länner ewéi zum Beispill aus eisen Nopeschlänner an aus der Schwäiz. Seguer ee Participant aus Hamburg huet de Wee bis op Beefort fonnt. Een Defilee vu Motorrieder a Motocyclette stoung sonndesmoies um Programm a grad esou ewéi een Tour an der Regioun vu 50 Kilometer. Am spéiden Nomëtteg goufe verschidde Präisser iwwerreecht ewéi zum Beispill den eelste Modell, déi gréissten Distanz asw.

De Beeforter Schäffen- a Gemengerot war mam Buergermeeschter Jean-Luc Nosbusch, Schäffe Bruno Grilo an der Gemengeconseillère Andreza Sanguessuga vertrueden. Si krute vum Buergermeeschter aus der portugisescher Stad Freguesia de Celeirós, déi am Norde läit, ee klenge Cadeau iwwerreecht.


Nieft de "50 Kubik" gouf fir Animatioun a Musek gesuergt. Ofgeschloss gouf d'Treffe mat enger Tombola bei där den éischte Präis eng "Cinquentinha" war.



















20. Mee

Méintelaang Virbereedunge goufe bannen e puer Stonne bal mam Waasser ewech geschwommen an den traditionelle Rendez-vous wier méi oder manner an d'Waasser gefall. Rieds geet ëm déi international IVV-Päischtwanderungen, déi dëst Joer fir déi 38. Kéier vun de Wanderfrënn Befort organiséiert goufen.

E Freideg ass immens vill Waasser erofkomm, datt verschidde Géigenden hei am Land ënner Waasser stoungen. Glécklecherweis awer net sou schlëmm ewéi am noe Grenzgebitt. Dës Ëmstänn hu vill Wanderer dovun ofgehale samschdes un den Départ zu Beefort ze goen. Trotzdeem hunn am Ganzen 188 Wanderer de Wee bis op Beefort fonnt an dovu koume sechs Wanderer aus Däitschland, dräi aus der Belsch an et waren aacht Kanner dobäi. 188 Wanderer si bësse méi ewéi d'Hallschent vun 2023, wa samschdes 357 Leit un den Départ gaange sinn. Déi 188 Leit haten allerdéngs bei der Arrivée eng Aventure hannert sech. Plazeweis si si duerch d'Waasser gaangen, dat hinne bis zu der Hëft stoung.

Op Päischte koum et zu engem Schreckmoment. Ee klengen Äerdrutsch huet de Wanderwee komplett blockéiert an et war net méiglech hei ze passéieren. Telefonsleitunge si gliddeg gi fir d'Fräimaache vum Wee ze organiséieren a koordinéieren. Dat huet schliisslech geklappt an de Wee fir e Méindeg war wuertwiertlech fräi.

Am Ganzen hunn 938 Wanderer den Départ am Kummelsbau geholl an dovu koumen der 25 aus Däitschland, 24 aus der Belsch a 57 aus Frankräich. Dorënner ware 64 Kanner an net ze vergiessen eng sëllech véierbeeneg Frënn. Méindes war d'Wieder däitlech besser, allerdéngs huet d'Loftfiichtegkeet bei méi wéi engem Wanderer Schweessausbréch ausgeléist. Eng gutt Stäerkung bei der Arrivée huet dofir gesuergt, datt déi grouss Ustrengunge vergiess goufen. Verschidde Leit, déi déi zwee Deeg geträppelt sinn, war et interessant nozelauschtere wa se den anere Leit hir Aventure vun e Samschdeg erzielt hunn.

Den Départ an d'Arrivée ware wéi gewinnt am Kummelsbau an d'Wanderer haten dëst Joer dräi Strecken zur Auswiel: fënnef, eelef an 20 Kilometer. Nei war dës Kéier, datt op den Distanzen eelef an 20 Kilometer verschidde Strecke gouf. Doduercher war et méi attraktiv fir souwuel samschdes a méindes op Beefort ze kommen. Op véier Plaze gouf eng Kontrollstatioun opgebaut, wou een nieft dem Stempel och nach eng Stäerkung konnt huelen.








START
DEPART


ZIEL
ARRIVEE


















Cash
Payconiq










Erste Hilfe
Diekirch

25. Mee

De “Schleck Gran Fondo” ass rëm duerch Beefort passéiert a beim Parking “op der Gare” gouf et ee Poste de Ravitaillement. Ronn 3.000 Cyclisten hu sech bei der siwenter Editioun bedeelegt. De klengen Tour, de “Medio Fondo” hat 83 Kilometer, an de groussen Tour, de “Gran Fondo” 153 Kilometer. Um Départ waren och eng Rei bekannte Fuerer ewéi zum Beispill de Fränk an Andy Schleck, Jempy Drucker, Nina Berton, Liv Wenzel a Marie Schreiber. Grousse Star bei der Randonnée war de Bernard Hinault, deen den “Tour de France” fënnef Mol gewonnen huet.

6. Juni

Den ofgebrannten Hotel op 3-6, route de Beaufort um Grondhaff gouf an der Woch vum 3. bis de 7. Juni Asbest sanéiert. E puer Fotoe vum Chantier.






8. Juni

24 Ekippe mat jeeweils tëschen zwee a sechs Leit haten de leschte Samschdeg ee grousst Ziel: De Kinnek ze “stierzen”. Allerdéngs war dat net am politeschen oder gesellschaftleche Sënn gemengt mee beim Wikingerschach, oder och “Kubb” genannt.

Nom grousse Succès bei der éischter Editioun, déi am Kader vum 25. Gebuertsdag vun den Theaterfrënn Beefort stattfonnt huet, stoung enger zweeter Editioun näischt am Wee. Zum Schluss vum Tournoi ass et ganz spannend ginn. Net zwou mee gläich dräi Ekippe stoungen an der Finall, respektiv Finalronn a si hu sech déi dräi éischt Plazen ënnert sech ausgemeet an och d’Primmen: 300 Euro, 180 Euro an 120 Euro. No spannenden Dueller, bei deenen de Spaass net ze kuerz komm ass, ass déi éischt Plaz un d’Ekipp “7” gaangen an dat virun der Beeforter Ekipp “Planlos” mam Bruno Grilo, Christian Kröger a Steve Rippinger. Op drëtt Plaz koum “Eppelduerfer 2”

De ganzen Dag war fir Animatioun gesuergt. D’Kanner konnten um Sprangschlass turnen oder zesumme mat den Erwuessener een Tour mat enger E-Trottinette maachen.











































15. Juni

A gemeinsamer Zesummenaarbecht hunn d'Gemeng Beefort an de Fieschter mat hire jeeweilege Mataarbechter eng Holzstee mat Lietsch am "Scheiwelterbësch" organiséiert. Gesteet goufen am Ganzen 80 Ster Bichenholz, aacht Ster Eechenholz a véier Ster Bierkenholz. Ee Kouert setzt sech zesummen aus engem duebele Ster oder zwee Ster. 92 Ster hunn dee Moie 6.333 Euro erabruecht an zum Steepräis kommen nach aacht Prozent TVA dobäi. Ofgeschloss gouf d'Stee mat enger Stäerkung an ee flotten Zesummesinn.















15. Juni

Déi fréier Membere vum Beeforter Club des Jeunes hunn am "Puck" hir Erënnerunge vu fréier bei engem Konveniat opgefrëscht. Viru bal engem Véirelsjorhonnert, ëm d'Joer 2000, ware si ënner anerem zesummen um Tour an hu vill Saache gemeinsam ënnerholl. Selbstverständlech gehéieren dobäi och Fester, Gebuertsdeeg an Ausflich. Op engem groussen Écran goufe Fotoe vun deemools projezéiert an no an no koume verschidden interessant a lëschteg Anekdoten an op d'Tapéit. Organiséiert gouf de Konveniat vum Milli Weber, Tania Reiter, Philippe Lux, Guy Tholl an Tom Nehrenhausen






15./16. Juni

Et war rëm vill lass op der Wiss nieft der Äispist. Den Agility-Club "4 Running Paws" huet op säin traditionelle Summerturnéier am Agility invitéiert. Souwuel fir déi Zwee- a Véierbeeneg waren et déi zwee Deeg sportlech Erausfuerderungen, déi duerch d'Wiederkonditiounen erschwéiert goufen. Staark Loft e Samschdeg a liichte Reen e Sonndeg waren net nëmme fir d'Organisateuren eng Erausfuerderung fir de Parcours ze meeschteren. Méi wéi eng Kéier huet de staarke Wand d'Hindernisser ëmgeheit an d'Organisateure an d'Benevollen hu misste vu vir ufänken an de Parcours nei opriichten. De Parcours gëtt iwweregens fir déi verschidde Kategorie vun den Hënn beim Concours all Kéiers nei opgestallt. Den Datum vum Turnéier riicht sech um Datum vum Nationalfeierdag, den 23. Juni. An der Reegel fënnt den Agility-Turnéier de Weekend virum Nationalfeierdag statt a sou steet den Datum fir d'nächst Joer och schonns fest: den 21. an 22. Juni 2025.
















# ATTENTION AUX ARNAQUES !

POLICE LËTZEBUERG

Ces dernières années, les arnaques et tromperies sont devenues de plus en plus fréquentes. Et les escrocs ne cessent d'inventer de nouvelles combines pour soutirer de l'argent à leurs victimes. Ne vous laissez pas duper !

## ARNAQUES EN LIGNE OU PAR TÉLÉPHONE

- Vous avez reçu un message non-sollicité vous demandant de partager vos données bancaires ?
- Un appel d'une personne qui prétend faire partie de votre famille, qui serait en détresse et aurait rapidement besoin d'argent ?
- Vous avez vu une offre extrêmement lucrative pour acheter un produit sur les réseaux sociaux, ou une personne vous a contacté via un tel réseau pour vous faire participer à un investissement d'argent ?



## MÉFIEZ-VOUS!

- Si une personne vous demande avec insistance de lui fournir de l'argent, des objets de valeur ou une caution, ne lui cédez pas.
- Ne partagez jamais des informations personnelles ou bancaires lorsqu'une personne vous les a demandées par courriel, SMS ou via un autre service de messagerie.
- Ne cliquez jamais sur un lien qu'une personne inconnue vous a envoyé.
- Si vous avez un doute quant à l'origine d'un message, contactez la banque, l'entreprise ou l'administration en question pour vérifier s'il s'agit bien d'un message authentique.

113 URGENCES

**Si vous avez été victime d'une arnaque, contactez au plus vite la Police afin que les démarches nécessaires puissent être entamées.**

WWW.POLICE.LU

ZESUMME FIR IECH

16./17. Juni

De “Groupe sportif récréatif et culturel Fiolhoso et Beaufort” huet op säin traditionellt Volleksfest op der “Place des Nations” agelueden. Agelaut gouf den Owend mat engem Concert vun “Os nova Onda”, déi aus der Schwäiz op Beefort komm sinn. Uschléissend ass den “Joãozinho” opgetrueden an dat fir déi éischte Kéier zu Lëtzebuerg an zwar aleng mat sengen Dänzer. Sonndes huet den Dag mat enger Matinée an engem Mëttegiessen ugefaangen. Wéinst dem schlechte Wieder ass de Cortège vun der Gemeng bis bei de Kiosk ausgefall an déi verschidde Folklorgruppen hunn hir Dänz direkt op der Plaz opgefouert.
















22. Juni

D'Feierlechkeeten um Virowend vum Nationalfeierdag hu mam Te Deum an der Kierch zu Beefort ugefaangen, dee vun de Choralle  Sainte Cécile vu Beefort a "Sang mat" Waldbëlleg/Haler gesonge gouf. Et war iwweregens net hiren eenzegen Optrëtt deen Owend well se uschléissend an d'Nopeschgemeng gefuer si fir do de musikalesche Kader ze assuréieren.

Op Nationalfeierdag oder wärend de Feierlechkeete vum Nationalfeierdag erënnert een net nëmmen un de groussherzogleche Gebuertsdag mee och, datt deen Dag vum Lëtzebuerger Land hautzedaags kann a Fridden zelebréiert ginn. Fridden a Fräiheet sinn hautdesdags leider net méi selbstverständlech.

An deem Zesummenhank huet d'Pastoralassistentin Josiane Mirkes een net oninteressante Verglach gezunn an dobäi méi wéi een un d'Nodenke bruecht. Déi lescht Deeg nämlech stoung een aus der Nopeschgemeng Konsdref am Mëttelpunkt vun der Aktualitéit: de "Sammy". De Wallaby (eng Ënnerkategorie vum Känguru) huet sech duerch bascht gemeet an d'ganzt Land huet sech agesat, datt et him rëm gutt geet. De Wallabys hiert natierlecht Ëmfeld läit an Australien an hei zu Lëtzebuerg huet de "Sammy" eng nei Heemecht fonnt. Änlech wéi de "Sammy" hu vill Mënschen, déi allerdéngs viru Krich an den domadder verbonnenen onsécheren Zäiten hiert Land verlooss an hei zu Lëtzebuerg eng nei Heemecht fonnt.

Politesch onsécher Zäite waren ënner anerem och een Thema vum Jean-Luc Nosbusch, deen nom Te Deum a virun der Gemeng seng éischt Ried op Nationalfeierdag an der Funktioun als Beeforter Buergermeeschter gehalen huet. Aus de Resultater virun zwou Wochen ass ervirgaangen, datt vill Leit an Europa bei den Europawale Parteie gewielt hunn, déi sech net esou fir déi europäescher Wäerter asetzen. Lëtzebuerg huet sech dem Trend entgéintgesat. De 6. Juni virun 80 Joer, am Joer 1944, ass mat der Landung vun den Alliéierten an der Normandie de Startschoss gefall, Europa ze befreien an de jeeweilege Länner hir Fräiheet zréck ze ginn. Leider ginn et ëmmer manner Zäitzeien, déi hir Erfarunge vun deemools den jonke Generatioune vermëttele kënnen, datt sou ee Kapitel net méi opkënnt.

Zum Ofschloss goufen nach dräi Jugendpompjeeë geéiert: Jonathan Mersch, Kevin Gaspar Gomes an de Sean Matagne. Si alleguer hunn de Wëssenstest a Bronze bestanen a kruten offiziell hiren Diplom an hiert Ofzeechen iwwerreecht.

Uschléissend goung et zesummen an engem Cortège, de vun de Membere vum Beeforter Asazzenter ugefouert an ofgeséchert gouf, op d'"Place des Nations", wou d'Gemeng den Éierepatt offréiert huet. Iessen a Gedrénks goufe vun de Beeforter Veräiner "Groupe sportif récréatif et culturel Fiolhoso et Beaufort", "Club Hippique", "Judoclub" an de "Beeforter Duerffrënn" organiséiert. Nieft Gegrilltes gouf et och eng Bouneschlupp mat regionale Bio-Produkter an als Dessert Eisekuchen. Kanner konnte sech op engem Sprangschlass ameséieren.

Obwuel déi lescht Deeg gereent huet, fir deen Owend schlecht Wieder ugekënnegt war an am Nomëtteg nach eng Schauer erofkomm ass, war et wärend de Feierlechkeeten de ganzen Zäit dréchen. Fir Stëmmung huet iwwregens den "DJ Soundtrip" gesuergt" a fir déi Foussballinteresséiert gouf nach een Écran opgeriicht, wou d'Mätscher vun der Europameeschterschaft iwwerdroe goufen.


















Mairie


Oishi
Sushi




DIPLOM
Jonathan
Mersch
DIPLOM
Kevin
Gaspar Gomes
DIPLOM
Sean
Matagne








INCENDIE SECOURS
112




















SOUNDTRIP

25. Juni

Am Laf vun der Generalversammlung vun de “Les Amis des Châteaux de Beaufort” an der Beeforter Jugendherberge gouf et interessant Neiegkeeten ze héieren. Sou zum Beispill sinn d’Aarbechten un der Mauer, déi virun dräi Joer gefall ass, praktesch ofgeschloss an d’Stee kënnt am September fort. Bei de Restauratiounsaarbechte goufen ënnert der Mauer zur allgemengen Iwwerraschung dräi Quellen an ee Kanal fonnt.

Vu baussen dem Schlass si se net ze gesi mee zur Zäit gëtt och um Daach vum Renaissance-Schlass geschafft. D’Aarbechte komme gutt virun a si ginn an dräi Etappen opgedeelt. Un der Mauer vum Schlassgaart gëtt ebenfalls geschafft, grad esou ewéi ënner anerem un der Erneierung vun den techneschen Installatiounen an Heizung. Op ronn fënnef Millioune belafe sech d’Investitioune bis 2026. Weider Projeten an Erneierunge stinn um Plang vun den nächste Joren.

Bedéngt duerch d’Aarbechten am a ronderëm den Haff vum Renaissance-Schlass sinn dëst an d’nächst Joer keng Aktivitéite méiglech. Aus Sécherheetsgrënn konnt een héchstens 377 Leit eraloossen an et wäert ee Sécherheetskonzept erstellen, datt an Zukunft, wann d’Aarbechte bis ofgeschloss sinn, rëm gréisser Manifestatioune wäerte méiglech sinn.

Ee Meilestee war d’aussergewéinlech Generalversammlung den 10. November 2023. Eestëmmeg goufen nei Statuten ugeholl, déi zanter dem 1. Mäerz dëst Joer a Kraaft sinn. Op der enger Säit sinn d’Beeforter Schlassfrënn um leschten an aktuellste Stand vum Gesetz vum 7. August 2023 iwwert d’Asblen a Fondatiounen an op der anerer Säit brénge se de Veräin op een neie Wee. Sou steet zum Beispill am Artikel 4: “L’association a pour objet l’organisation des activités et des manifestations culturelles en collaboration avec le Centre des Monuments du Grand-Duché de Luxembourg”. De “Centre des Monuments du Grand-Duché de Luxembourg” wäert déi deeglech Gestioun vum Beeforter Site iwwerhuelen an nieft dem Beeforter Site gehéieren nach d’Fielser Buerg an de “Ricciacum” zu Duelem zum CML.

Trotz den Aarbechten un der Mauer goufen d’lescht Joer 42.623 Visiteure gezielt a wärend der Saison goufen eng Rëtsch kleng a gréisser Manifestatiounen organiséiert. Dozou zielen ënner anerem zwee Jazz-Concerte mam Duo Claire Parsons an Eran Har Even an dem Reis Demuth Wiltgen Trio. Ebenfalls ee Succès waren d’Optrëtter vun “Ziza” an “Delphine”. Zudeem hu sech d’Beeforter Schlässer un de “Journées Européennes du Patrimoine” bedeelegt an et gouf ee Kongress zum Thema Klimawandel organiséiert. Den Héichpunkt war am Dezember de Besuch vum neie Kulturminister Eric Thill.







29. Juni

An der gemeinsamer Generalversammlung vun de Judoveräiner Beefort an Iechternach ass d'Nouvelle, datt sech zwee Presidenten aus dem Comité zréckzéien: den aktuelle President vun Iechternach Claude Siebenbour an de fréiere Beeforter President Camille Hoffmann. De Camille Hoffmann war ronn 18 Joer President vum Beeforter Judo-Club wärend de Claude Siebenbour iwwer zéng Joer d'Geschécker vum Iechternacher Veräin geleet huet an och am Comité vum Beeforter Veräin aktiv war.

Aus dem Rapport vun Iechternach geet ervir, datt am Mee 2023 d'Virbereedunge vum Training an der provisorescher Turnhal ugefaangen hunn. Si kruten nei Material, 90 Matten, zwee Matteween a Schief, fir déi aner Artikele geséchert ze lageren. Trainingsufank war dunn am September. D'Zuel vun de Membere si wärend der Saison lues an d'Luucht gaangen an et hu sech 35 Memberen nei ageschriwwen. De Veräin zielt aktuell 70 Memberen.

De Veräin war op de verschidden Terminer an Uläss vun der Gemeng präsent an zu de sportlechen Aktivitéiten zielt ënner anerem d'Bedeelegung un der "Nuit des Sports" an am Judotraining goufen déi éischt Gürtelprüfungen mat Erfolleg ofgeschloss.

Och de Beeforter Veräin huet sech un de sëllechen Aktivitéiten an der Gemeng bedeelegt. Dobäi kommen nach Stagen an Aktiounen zu Beefort an an anere Veräiner am In- an Ausland, Vakanzenaktivitéiten, "Talent Days" an Deelhuelen u ganz villen Tournoien a Stagen am In- an Ausland. 16 Leit waren als Guide bei der Dikrecher Kavalkade dobäi a bedeelegt huet ee sech un de Schoulsportdeeg zu Beefort an an der Regioun. All Freideg kënnt een am "Coffee corner" zesummen a verbessert gouf d'intern an extern Kommunikatioun. Des Weideren huet de Veräin neien Trainingsoutfit an neie Logo op de Kimonoen.

Bei der uschléissender Sportleréierung si follgend Ekippen a Sportler zu Éiere komm: National Ekippemeeschterschaft den 20. Abrëll vu Beefort-Iechternach: Champion U13 Jongen; Champion U13 Meedercher; Vizechampion U13 Jongen (zweet Ekipp); 3. Plaz Senioren Hären; 3. Plaz U15 Meedercher; 5. Plaz U15 Jongen.

National Meeschterschaften am Eenzel den 9. Mäerz: Championen: Aleodor Matei, Mohamed Chafei, Mats Urbing, Volodymyr Medvediev, Omar Lecovic, Giovanna Brandao, Béatriz Sousa Fernandes, Leticia Bessa Nascimento, Matilde Ferreira Veloso, Damjan Dulovic; Vizechampion: Lou Lenert, Sergii Markov, Damjan Dulovic, Kira Chepik, Samir Mosbahi, Sonia Morar; 3. Plazen: Neo Hauer, Tun Bangnowski, Ayleen Post, Dean Huitsing, Jason Post.

Ofschloss gouf d'Generalversammlung mat engem Familljefest an et bleift nach ze erwänen, datt de Beeforter Judoclub am September/Oktober 2025 säi 50. Gebuertsdag feiert.




HUSStec


MANDALORIAN


Festival interculturel
BIS am BUS
AK 2015

# “Bis am Bus – Festival”

## Ukënnegung / Opruff

D’Organisatioun “Mir wëllen iech ons Heemecht weisen” an d’Kommissioun vum Zesummeliewen vun der Gemeng Beefort invitéieren Iech am Mäerz op de “Bis am Bus – Festival”! An engem ëmgebaute Bus wäert all Dag eng lass sinn.

Et ass eng Plaz fir d’Awunner, fir sech kennenzeléieren an d’Zesummeliewe gemeinsam ze fërderen.

Wärend dem Weekend vum 30. November kënnt Dir de Bus an de Programm zu Beefort entdecken, an tëscht Januar a Mäerz bei verschiddenen Aktivitéiten ewéi Konschtatelieren a Visitten matmaachen.

Méi Informatioune kommen demnächst.

Wann Dir am Virfeld bei interkulturellen Atelieren wëllt matmaachen, mellt Iech gären bei umellen@onsheemecht.lu oder um 621 599 881.

## Annonce / appel

L’organisation « Mir wëllen iech ons Heemecht weisen » et la Commission du vivre-ensemble interculturel de la commune de Beaufort vous invitent au festival interculturel « Bis am Bus » qui se tiendra en mars. Diverses activités se dérouleront dans un bus aménagé, pendant une semaine !

C’est un lieu où les habitants apprennent à se connaître et pratiquent le vivre-ensemble.

Pendant le weekend du 30 novembre vous pouvez découvrir le bus à Beaufort ainsi que le programme de ce festival, et participez aux nombreuses activités se déroulant entre janvier et mars : ateliers créatifs, visites, rencontres…

Plus d’informations suivront prochainement.

Si vous voulez déjà participer aux ateliers interculturels, vous vous pouvez manifester par courriel au mellen@onsheemecht.lu ou tél. 621 599 881.

# Opruff un d'Veräiner a Geschäftsleit

D'Veräiner si gebieden hir Informatiounen an der Beeforter App ze iwwerpréiwen an och matdeele wann et zu Ännerunge komm ass. Dat nämmlecht gëllt och fir d'Manifestatiounen. Sollt den een oder aneren Datum schonns feststoen, dann ass et schonns méiglech ee "Save the Date" ze maachen a mat der Zäit kënnen nach ëmmer Informatiounen nogereecht ginn.

Ebenfalls sinn d'Geschäftsleit häerzlech ageluede fir hir Donnéeën ze iwwerpréiwen. Dat gëllt besonnesch fir d'Auerzäite vu que, datt verschiddener hir Auerzäiten am Wanter an am Summer änneren. Wënschenswäert ass och hire jeeweilege Congé matzedeele fir ze vermeiden, datt d'Clientë net virun zouenen Diere stinn. Des Weidere gëtt et an der App eng Rubrik "Job" an hei kënnen d'Geschäftsleit an Entreprise gratis hir Annonce publizéieren. Villmools Merci!

# Appel aux associations et commerçants

Les responsables des associations sont priés de contrôler leurs données dans la « Beeforter App » et d'en informer s'il y a eu des changements. Les dirigeants sont également priés de communiquer les dates de leurs manifestations, même si le programme détaillé n'est pas encore établi. On peut déjà signaler une manifestation et de fournir des détails plus tard.

Les commerçants sont également invités de vérifier leurs données et plus spécialement les heures d'ouverture. Certains commerçants changent leurs heures avec la saison et il est également souhaitable de communiquer les congés respectifs. Ce serait dommage de voir un client devant les portes fermées. De plus il existe une rubrique « job » dans l'application et les commerçants et entreprises peuvent gratuitement publier leurs annonces. Merci beaucoup!

**E-mail: communication@beaufort.lu**

# ADMINISTRATION COMMUNALE DE BEAUFORT

9, rue de l'Eglise
L-6315 Beaufort
Tel. 83 60 45 – 1

| | | |
|---|---|---|
| Méindeg | : | 8.30 – 12.00 / 14.00 – 16.30 |
| Dënschdeg | : | zou / 14.00 – 16.30 |
| Mëttwoch | : | 8.30 – 12.00 / 13.00 – 19.00 |
| Donneschdeg | : | 8.30 – 12.00 / zou |
| Freideg | : | 8.30 – 12.00 / 14.00 – 16.30 |

**Sekretariat**
*christophe.bastos@beaufort.lu*
Christophe Bastos: 83 60 45 – 26
*tessy.pena@beaufort.lu*
Tessy Pena: 83 60 45 – 26

**Service technique**
*technique@beaufort.lu*
Marc Rodesch: 83 60 45 – 29 / 621 73 74 75
Claire Picard: 83 60 45 – 27
Nick Drozda: 83 60 45 – 22

**Kommunikatioun**
*communication@beaufort.lu*
Jos. Nerancic: 83 60 45 – 30

**Etat civil & indigénat**
*EtatCivil@beaufort.lu*
Mike Hertges: 83 60 45 – 23

**Recette**
*recette@beaufort.lu*
Sonja Fetler: 83 60 45 – 24 (dënschdesmëttes zou)

**Populatiounsbüro**
*population@beaufort.lu*
Lis Brepsom: 83 60 45 - 20
Sandra Breser-Michels: 83 60 45 – 20
Eliane Donven-Seiwert: 83 60 45 – 20 (mëttwochs, donneschdes a freides)

## URGENCES

**112** Ambulance, pompiers et gardes
**113** Police Lëtzebuerg

**Electricité**
Dépannage et urgence (24h/24h – 7j/7): 8002-9900 (Creos)

**Distribution d'eau**
Dérangements sur le réseau de distribution d'eau sur le territoire de la commune de Beaufort: 621 73 74 75 (Marc Rodesch, responsable du service technique)

**www.beaufort.lu**
**commune@beaufort.lu**

Wëllkomm

# Beeforter app

GET IT ON Google Play

Download on the App Store

Gemeng Beaufort